



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 01.10.2019





Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Résumé français: Patrick Bausch
Retranscription: Christiane Colbett
Photos: Ville de Dudelange
Impression: Imprimerie Mechtel
n°7 / 2019 - Parution: mai 2020



01-17-375394
myclimate.org





SOMMAIRE

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 1ER OCTOBRE 2019

Séance publique

RAPPORT SOMMAIRE EN FRANÇAIS

05

1. CORRESPONDANCE

08

2. COMMUNICATIONS DU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

08

- 2.1. Mise en procédure des 4 projets d'aménagement particuliers (PAP) « NeiSchmelz » avec saisine de la cellule d'évaluation auprès du Ministère de l'Intérieur et l'enquête publique :
 - projet d'aménagement particulier nouveau quartier (NQ) « NeiSchmelz - Nord » concernant des fonds sis à Dudelange au quartier « NeiSchmelz » présenté par le bureau BEILER FRANÇOIS FRITSCH
 - projet d'aménagement particulier nouveau quartier (NQ) « NeiSchmelz - Centre » concernant des fonds sis à Dudelange au quartier « NeiSchmelz » présenté par le bureau CHRISTIANBAUERASSOCIES
 - projet d'aménagement particulier nouveau quartier (NQ) « NeiSchmelz - Sud » concernant des fonds sis à Dudelange au quartier « NeiSchmelz » présenté par le bureau BEILER FRANCOIS FRITSCH
 - projet d'aménagement particulier nouveau quartier (NQ) « NeiSchmelz - Italie » concernant des fonds sis à Dudelange au quartier « NeiSchmelz » présenté par le bureau DEWEY MULLER
- 2.2. Décision gouvernementale récente concernant la non implantation de l'industrie du film sur le site NeiSchmelz
- 2.3. Report de la mise en procédure du nouveau plan d'aménagement général (PAG)

3. CIRCULATION

22

- 3.1. Confirmation d'un règlement d'urgence temporaire de la circulation – rue du Nord
- 3.2. Confirmation d'un règlement d'urgence temporaire de la circulation – rue Mathias Cungs

4. FINANCES COMMUNALES

23

- 4.1. Modification à apporter au chapitre XXVIII – Vente d'imprimés, de documents audio et vidéo communaux – du règlement-taxes général
- 4.2. Approbation du devis relatif à la mise en conformité du réseau électrique de la Place Fohrmann
- 4.3. Approbation de la déclaration de recettes non-réglémentées de l'exercice budgétaire 2018
- 4.4. Approbation de l'état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice budgétaire 2018
- 4.5. Approbation des modifications à apporter au budget ordinaire de l'exercice 2019
- 4.6. Fixation du taux de l'impôt commercial pour l'année 2020
- 4.7. Fixation des taux communaux en matière d'impôt foncier pour l'année 2020
- 4.8. Approbation de décomptes
- 4.9. Subsidés extraordinaires à allouer (Summer, Spill a Spaass 2019)
- 4.10. Subsidés extraordinaires à allouer
- 4.11. Approbation d'un crédit spécial pour dons extraordinaires
- 4.12. Dons extraordinaires aux sinistrés de la tornade du 9 août 2019



5. AMÉNAGEMENT COMMUNAL	28
5.1. Modification ponctuelle du plan d'aménagement général, parties graphique et écrite, concernant un reclassement de fonds sis « site NeiSchmelz 2 »	
5.2. Modification ponctuelle du plan d'aménagement général, partie graphique, concernant un reclassement de fonds sis « rue Marcel Schmit »	
6. APPROBATION DES MODIFICATIONS À APPORTER À LA COMPOSITION DE CERTAINES COMMISSIONS COMMUNALES	37
7. NOMINATION D'UN DEUXIÈME DÉLÉGUÉ AU COMITÉ DU SYNDICAT INTERCOMMUNAL SIDOR	37
8. PERSONNEL	38
8.1. Conversion d'un poste vacant de fonctionnaire communal, catégorie de traitement A, groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique en poste de fonctionnaire communal à tâche complète, catégorie de traitement A, groupe de traitement A1, sous-groupe scientifique et technique (service de la circulation)	
8.2. Conversion d'un poste vacant de fonctionnaire communal, catégorie de traitement A, groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique en poste d'employé communal du même niveau (service génie technique des bâtiments)	
9. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	38

Séance à huis clos



RAPPORT SOMMAIRE DE LA SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 01.10.2019

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Sylvie Andrich-Duval, Martine Bodry-Kohn (à l'exception du point numéro 7 de l'ordre du jour) ; Messieurs Bob Claude, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Robert Garcia, Henri Glesener ; Madame Romaine Goergen (à l'exception des points numéros 3.2 et 3.3 de l'ordre du jour) ; Messieurs Vic Haas, Yves Jadin (à l'exception des points numéros 4.1, 4.2 et 7 de l'ordre du jour) ; Madame Michèle Kayser-Wengler ; Messieurs Claude Martini et Monsieur Romain Zuang (à l'exception du point numéro 3.1 de l'ordre du jour), conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. Absente : Madame Emila Oliveira, conseillère, excusée.

Début de la séance à 14.00 heures.

1 – Correspondance

Néant

2 – Communications de la part du collège des bourgmestre et échevins

Monsieur le bourgmestre porte les informations suivantes à la connaissance du conseil communal.

2.1. Procédure d'approbation des 4 projets d'aménagement particuliers (PAP) « NeiSchmelz » avec saisine de la cellule d'évaluation auprès du Ministère de l'Intérieur et l'enquête publique. La procédure d'approbation des 4 PAP « NeiSchmelz » est engagée :

- projet d'aménagement particulier nouveau quartier (NQ) « NeiSchmelz - Nord » concernant des fonds sis à Dudelange au quartier « NeiSchmelz » présenté par le bureau BEILER FRANCOIS FRITSCH ;
- projet d'aménagement particulier nouveau quartier (NQ) « NeiSchmelz - Centre » concernant des fonds sis à Dudelange au quartier « NeiSchmelz » présenté par le bureau CHRISTIANBAUERASSOCIES ;
- projet d'aménagement particulier nouveau quartier (NQ) « NeiSchmelz - Sud » concernant des fonds sis à Dudelange au quartier « NeiSchmelz » présenté par le bureau BEILER FRANCOIS FRITSCH ;
- projet d'aménagement particulier nouveau quartier (NQ) « NeiSchmelz - Italie » concernant des fonds sis à Dudelange au quartier « NeiSchmelz » présenté par le bureau DEWEY MULLER.

Ainsi l'envoi des dossiers à la cellule d'évaluation du Ministère de l'Intérieur est prévu pour la fin de la semaine. La publication de l'avis au public aura lieu dans la presse quotidienne et à l'affichage de la commune, le samedi, 12 octobre 2019. L'enquête publique aura lieu du 12 octobre au 12 novembre 2019 inclus.

Les données clés des 4 PAP seront en outre présentées par les différents ateliers d'architecture à la suite de la réunion d'information au public du 14 octobre 2019 au sujet de la modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général « site NeiSchmelz 2 » (point qui figure à l'ordre du jour sub numéro 5.1 de la présente réunion).

2.2. Avec beaucoup de regrets et de consternation,

le collège des bourgmestre et échevins vient d'être informé de la décision récente du Conseil de Gouvernement d'abandonner le projet de l'implantation de l'industrie de la production audio-visuelle sur le site NeiSchmelz. Pourtant, la Ville avait constaté avec forte satisfaction que le projet a été repris dans l'accord de coalition gouvernemental 2018-2023, arrêté par les parties en date du 3 décembre 2018, qui affirme, sub chapitre « Secteur de production audiovisuelle » que e.a. « Le concept d'un projet cinématographique créatif à Dudelange-Fonderie au sein de l'aciérie existante sera soutenu dans le cadre d'un partenariat public-privé entre l'Etat, la commune et des sociétés de production et de post-production, ce projet offrant l'occasion d'utiliser une ancienne friche industrielle à des fins créatives. ».

2.3. La date limite pour la mise en procédure de la refonte complète du Plan d'Aménagement Général de la Ville de Dudelange, étant le 1er novembre 2019, le collège des bourgmestre et échevins constate l'impossibilité de respecter ce délai, ceci pour diverses raisons. Néanmoins, la saisine du conseil communal est prévue pour le courant du mois de février 2020, de manière à ne pas hypothéquer davantage la mise en procédure de PAP nouveau quartier. Après avoir pris connaissance des explications de Monsieur le bourgmestre, les différentes fractions politiques représentées au conseil communal prennent position par rapport aux informations reçues.

3 – Circulation

Le conseil communal confirme, avec les voix de tous les conseillers, trois règlements d'urgence à caractère temporaire de la circulation, édictés par le collège des bourgmestre et échevins pour régler la circulation à l'occasion, de travaux de grutage dans la rue du Nord, nécessitant le rétrécissement de la chaussée ; de travaux de déploiement de la fibre optique dans la rue Mathias Cungs, nécessitant le barrage de la chaussée ; de travaux de démolition des maisons unifamiliales sises n° 115 et 117 rue de la Libération, nécessitant le barrage de la chaussée.

4 – Finances communales

Par des votes unanimes, le conseil communal approuve :

4.1. d'ajouter au chapitre XXVIII - Vente d'imprimés, de documents audio et vidéo communaux - du



règlement- taxes général modifié du 13 février 2009, la vente du livre « Dominique Lang et son époque » pour le prix de 30€ ;

4.2. le devis estimatif de 100'000€ relatif à la mise en conformité du réseau électrique de la Place Fohrmann ;

4.3. la déclaration de recettes non-réglées de l'exercice budgétaire 2018 d'un montant de 121'500,97€ ;

4.4. l'état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2018, présenté par le receveur communal et l'autorisation au collège échevinal de poursuivre en justice les débiteurs qui figurent à l'état avec la mention « à poursuivre » ;

4.5. les modifications à apporter au budget ordinaire de l'exercice 2019 ;

4.6. le taux à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'exercice de 2020 à 350% ;

4.7. les taux communaux en matière d'impôt foncier pour l'année 2020 comme suit (inchangés par rapport à 2019) : a) catégorie A (propriétés agricoles et forestières) 500% ; b) catégorie B1 (constructions industrielles ou commerciales) 750% ; c) catégorie B2 (constructions à usage mixte) 500% ; d) catégorie B3 (constructions à autre usage) 250% ; e) catégorie B4 (maisons unifamiliales, maisons de rapport) 250% ; f) catégorie B5 (immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation) 500% ; g) catégorie B6 (terrains à bâtir à des fins d'habitation) 600 %

4.8. les décomptes suivants de travaux extraordinaires : réaménagement du parc Lycée Nic-Biever 1'244'754,43 € ; racle et réfection de diverses rues 649'656,89€ ; acquisition d'un camion avec nacelle (type Steiger) pour le service des espaces verts . 98'982,00€ ; remplacement du chauffage et du sanitaire au foyer Diddelfamill 17'680,40€ ; adaptation du système d'accès « Salto » aux ateliers communaux 14'168,53€ ; réaménagement de la place devant l'annexe « Grimler » du Centre sportif René Hartmann 121'795,30€ ; acquisition d'un appareil pour la détection de fuites de gaz 14'846,11€ ; acquisition d'un appareil pour la détection de fuites d'eau 14'859,00€ ; renouvellement de la façade de l'école Baltzing 39'770,59€ ; installation d'une ventilation (combles et cuisine) dans la maison relais Schwemm 14'986,40€ ; acquisition de mobilier pour le service informatique 29'727,36€ ; réfection de la terrasse du logement social Tattenberg 14'976,00€ ; armoire de séchage et de contrôle pour masques respiratoires du Centre d'Intervention Dudelange 28'878,45€ ; acquisition d'une voiture électrique pour le service des concierges mobiles 24'437,00€ ; acquisition d'une inséreuse de courrier pour la conciergerie de l'Hôtel de Ville 31'843,30€ ; participation aux frais de réaménagement du Club Senior 65'000,00€ ; acquisition de logiciels pour la gestion du personnel communal 31'515,72€

4.9. d'allouer un subside extraordinaire de 170€ à chacune des associations suivantes, pour avoir participé à l'édition 2019 de Summer, Spill a Spaass : Amateurs

Astronomes, Dëschtennis Diddeleng, Fuesveräin Knabbermais, H.B. Dudelange, Judo & Ju-Jitsu Dudelange, Syndicat d'Initiative et de Tourisme Dudelange, Société municipale de Gymnastique Union Diddeleng, Greng Scouten a Guiden Diddeleng, Basket T71 Diddeleng Jugendkommissioun, Basket T71 Diddeleng, Guiden a Scouten Saint Jean Diddeleng, Luxembourg Steelers of Dudelange-Juniors, Luxembourg Steelers of Dudelange-Seniors, Union Luxembourgeoise des Femmes Baha'ies, Aikido-Dojo-Diddeleng, Badminton Club Dudelange-Seniors, Badminton Club Dudelange-Juniors, Elterevereenegung Lycée Nic Biever, Natur & Ëmwelt Diddeleng, Comité du Quartier Italie - les Bons Voisins, Ludoland, Rugby Club Terres Rouges ;

4.10. d'allouer les subsides extraordinaires suivants : 500€ au Ciné Caméra 75 Dudelange pour sa participation aux festivités du 75e anniversaire de la libération du Luxembourg le 2 septembre 2019 ; 250€ à l'a.s.b.l. Cent Buttek à l'occasion du 10e anniversaire de son activité ; 30'000,00€ . à l'a.s.b.l. « Diddeleng Hëllef » en tant que subvention pour l'aide au tiers monde ;

4.11. le crédit spécial de 15'000€, nécessaire pour couvrir la dépense en relation avec les dons extraordinaires à destination des sinistrés des communes de Käerjeng et Pétange comme suite au passage d'une tornade au Luxembourg ;

4.12. d'allouer les dons spéciaux extraordinaires pour venir en aide aux sinistrés des communes de Käerjeng et de Pétange comme suite au passage de la tornade du 9 août 2019 : 7'500€ à l'a.s.b.l. « Käerjeng hëllef » de la commune de Käerjeng, et 7'500€ à l'a.s.b.l. « Fir e gudden Zweck » de la commune de Pétange.

5 – Aménagement communal

5.1. le conseil communal marque, à l'unanimité, son accord, sur la base des dispositions de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, relatif au projet en vue d'une modification ponctuelle du plan d'aménagement général de la Ville de Dudelange – parties graphique et écrite, concernant le « site NeiSchmelz 2 » à Dudelange, présenté par le collège des bourgmestre et échevins et élaboré par le bureau d'études Zeyen & Baumann et de ne pas réaliser une évaluation détaillée, à savoir un rapport sur les incidences environnementales SUP2.

Les modifications sont nécessaires afin de répondre aux demandes émanant du Ministère de l'Environnement, du Climat et du développement Durable et de l'Administration de la gestion de l'eau concernant notamment l'installation d'un escalier à poissons, mais également pour garantir la faisabilité des PAP en cours d'élaboration.

L'enquête publique démarrera le 5 octobre 2019 et s'étendra jusqu'au 5 novembre 2019. Une réunion d'information au public aura lieu le lundi, 14 octobre 2019 à 19.00 heures au grand auditoire du Centre culturel régional « opderschmelz » ;



5.2. avec 17 voix contre une, est approuvée la modification ponctuelle du plan d'aménagement général de la Ville de Dudelange – partie graphique, concernant un reclassement de fonds sis « Rue Marcel Schmit », présenté par le collège des bourgmestre et échevins et élaboré par le bureau d'études Zeyen & Baumann. La rue Marcel Schmit, située entre la route de Luxembourg et le chemin de fer, est caractérisée presque exclusivement par des maisons unifamiliales isolées, jumelées et en bande. Il y a aussi deux maisons bi-familiales isolées. Le dossier de modification vise à reclasser les parcelles de la rue Marcel Schmit aujourd'hui classées en « zone de moyenne densité », en « zone de faible densité » afin de correspondre au tissu bâti existant de la rue et ainsi garantir le respect et le maintien des caractéristiques du tissu bâti existant en cas de développement futur. La refonte du PAG, projet actuellement en cours de finalisation, prévoit de reclasser l'entièreté de la rue en zone d'habitation 1. Le PAP précisera les prescriptions pour les développements autorisés dans cette zone, soit des maisons unifamiliales et bi-familiales uniquement. Le reclassement proposé par la présente modification ponctuelle est donc nécessaire afin d'éviter des projets de développement trop dense qui ne correspondent pas à la physionomie actuelle de la rue et engendreraient des nuisances pour les riverains.

6 – Composition des commissions consultatives communales

Le conseil marque son accord aux modifications suivantes à apporter à la composition de différentes commissions communales :

- Madame Daniela Oliveira Da Silva remplace Monsieur Gilles Heinisch dans la commission des affaires culturelles ;
- Madame Colette Kutten remplace feu Monsieur Raymond Goergen dans la commission de l'hygiène et de la salubrité publique ;
- Monsieur Micael Da Silva remplace Monsieur Alex Lourenço en tant que membre-expert dans la commission de la circulation et de la mobilité ;
- Les personnes suivantes sont ajoutées au pool des remplaçants pour le parti « déi gréng » : Madame Doris de Paoli, Monsieur Claude Gaasch et Madame Daniela Oliveira da Silva.

7 – Syndicats intercommunaux

Avec la voix de tous les conseillers communaux, il est décidé de déléguer Monsieur Yves Jadin, conseiller communal, comme deuxième membre de la Ville de Dudelange au comité du Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets en provenance des ménages et des déchets assimilables des communes des cantons de Luxembourg, d'Esch et de Capellen SIDOR, attendu que suivant les nouveaux statuts du syndicat, la Ville de Dudelange a désormais droit à deux délégués au sein de son comité.

8 – Personnel

Unaniment, le conseil communal convertit le poste vacant de fonctionnaire communal de la catégorie de traitement A, groupe de traitement A2 (anciennement ingénieur-technicien) vers la catégorie de traitement A, groupe de traitement A1 (anciennement ingénieur diplômé) au service de la circulation.

9 – Questions au collège des bourgmestre et échevins

Aucune question n'a été soumise au collège des bourgmestre et échevins par les conseillers communaux.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.

Fin de la séance vers 17.30 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 01.10.2019

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Kolleginnen an Kollegen aus dem Gemengerot, gudde Mëtten, de Gemengerot ass bal komplett, d'Madamm Emilia Oliveira huet sech entschëllege gelooss fir dëse Gemengerot, sou dass mir komplett si fir unzefänken. Dir hutt den Ordre du Jour kritt, et sinn e puer Ajoute bäikomm, Prezisiounen wat de Huis Clos ugeet a wat d'Personal ugeet, respektiv och de Punkt 8.2, dee vum Ordre du Jour geholl gouf. Ass de Gemengerot mat deene Modifikatiounen oder Ajouten averstanen? Ok, Merci.

1. CORRESPONDANCE

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Énnert Korrespondenz hu mir näischt, da gi mir op de Punkt 2.

2. COMMUNICATIONS DU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

D'Kommunikatiounen vum Schäfferot, do si jo am Fong dräi Punkten. Et ass éischter eng Informatioun, wou mir mat de véier PAPen vum NeiSchmelz dru sinn. Dann den 2. Punkt iwwer d'Decisioun vun der Regierung, dass d'Filmindustrie sech net op d'NeiSchmelz kann implantéieren, an dann och e bëssen de leschte Stand ronderëm d'Reform vum PAG vum der Stad Diddeleng. Et ass jo och festgehale ginn, respektiv proposéiert ginn, dass effektiv bei där heite Kommunikatioun och déi jeeweileg Parteifraktiounen Stellungnam kënnen huelen, respektiv och hir Meenung sollen a kënnen äusseren. Ech géif awer proposéieren, déi 3 Punkten duerchzehuelen, ze presentéieren, mengen ech, an da géife mir och d'Diskussioun opmaachen.

2.1. MISE EN PROCÉDURE DES 4 PROJETS D'AMÉNAGEMENT PARTICULIERS (PAP) « NEI- SCHMELZ » AVEC SAISINE DE LA CELLULE D'ÉVALUATION AUPRÈS DU MINISTÈRE DE L'INTÉRIEUR ET L'ENQUÊTE PUBLIQUE

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Voilà, ech géif vläicht mat der 1. Kommunikatioun ufänken. Et ass am Fong bis op d'Prozedur vun de 4 PAPen vum Projet NeiSchmelz. Bon, et ass jo sou, dass de Gemengerot hei schonn déi néideg Modifikation ponctuelle vum PAG NeiSchmelz virgeholl huet. Haut de Mëtte

befaaße mir eis och nach mat enger ganz klenger Modification ponctuelle vum PAG NeiSchmelz, huet mat der Fëschtrap, also mat der Diddelenger Baach ze dinn, an awer mengen ech, si mir prett fir déi véier PAPen an d'Prozedur ze schécken. Dat ass engersäits de PAP Nord, dat ass de Büro Beiler François Fritsch, et ass de PAP Zentrum, d'ass de Christian Bauer an d'ass de PAP NeiSchmelz Süden, dat ass och de Beiler François Fritsch. An de Quartier Italien, dee PAP dat ass jo Dewey Muller, wou jo gewosst ass, dass am Fong den Architektbüro Christian Bauer jo déi generell Koordinatioun vum Projet NeiSchmelz och deemtspriechend mécht. Ech wëll lech hei och d'Informatioun ginn, dass den 19. September och de Verwaltungsrot vum Fonds du Logement och déi véier PAPen guttgeheescht huet a mir wäerten dann och elo deemnächst déi véier PAPen dem Inneministère zouschécken, déi jo dann och e gewëssenen Delai hu fir déi kënnen ze aviséieren. An dann, wa si hiren Avis ofginn hunn, kommen déi véier PAPen, och sou wéi gewinnt, hei an an de Gemengerot, wou mir dann och eng generell Presentatioun an och Diskussioun wäerten deemtspriechend féieren.

An et ass jo souwisou, bei deene 40 Hektar ronderëm d'NeiSchmelz, bei deenen och véier PAPen, bei NeiSchmelz ass jo 80% vun den Terrainen déi gehéieren dem Fonds du Logement, a gutt 20% vun den Terraine gehéiere jo der Stad Diddeleng, et ass virun allem de PAP Quartier Italien dee ganz der Gemeng gehéiert, respektiv hei de PAP Nord ronderëm de Parking Fohrmann. Dat ass eng reng Informatioun zu der Prozedur. Wéi gesot, dëse Gemengerot wäert sech nach mat deem doten Thema befaassen. Wollt awer och, hei virop schonn, d'Informatioun scho mat op de Wee ginn, dass och wa mir elo am Laf vum Mëtten déi Modifications ponctuelles maache vum PAG vum NeiSchmelz, ronderëm d'Fëschtrap, si mir jo an der normaler Prozedur vun enger Modification ponctuelle. Do leeft jo och erëm eng Enquête publique, an do maache mir och eng Informatiounsversammlung. Wat déi Modification ponctuelle NeiSchmelz ugeet, ass déi Informatiounsversammlung de 14. Oktober um 7 Auer owes am Centre Culturel opderschmelz. Ech mengen, dat ass jo déi legal Prozedur, d'Gesetz gesäit dat esou vir, dass mir déi Informatiounsversammlung am Kader vun der Modification ponctuelle vum PAG maache müssen. A mir wäerten awer och dee selwechten Owend, och wann et do keng Obligatioun gëtt, wäerte mir awer och déi véier PAPen de Bierger presentéieren.

Dir kennt lech erënneren, dass mir viru méi wéi engem Joer jo am Lycée Nic-Biever d'Projete vun de PAPen de Bierger virgestallt haten an och Workshoppe gemaach hunn, wou d'Bierger sech och konnte mat abréngen. An och wann et keng legal Prozedur gëtt fir déi PAPen dem



Public virzestellen, wäerte mir awer hei als Schäfte-rot op de Wee goen, mengen ech och fir am Kader vun der Biergerbedeelegung, och der Biergerinformatioun, wéi gesot, dee selwechten Owend och déi véier PAPen virzestellen. Do wäerten dann och d'Architektbüroen do sinn a si wäerten och dat virstellen an och weisen, ënnert wéi enger Form awer och d'lwuerleeunge vun de Bierger, déi an deene Workshope gemaach goufen an natierlech och Nidderschrëft fonnt hunn an deene véier PAPen.

Da kann ech an deem selwechte Kontext och scho soen oder eng lescht Informatioun, dass mir viru gutt 10 Deeg beim Energieminister souzen, beim Här Turmes, wou mir och d'Konzept, d'Energiekonzept vun NeiSchmelz virgestallt hunn, ronderëm d'Solarthermie, ronderëm de Voltaik. Et ass och geschwat gi vun der Geothermie, déi éischt Phas hu mir jo am Fong hannert eis, wou déi Buerung gemaach gouf bis 450 Meter. Déi war zimmlech positiv a lo muss eng 2. Phas an Ugrëff geholl gi punkto Geothermie. Nach muss an deem Kontext nach eng Rei Punkte gekläert gi punkto Geneemegung, déi de Ministère brauch, respektiv de Fonds du Logement, respektiv awer och nach déi néideg Finanzementer. Do ass et esou, dass de Ministère sech verflucht huet, mengen ech, déi dote Saachen ze kucken zesumme mam Fonds du Logement an och mat der Gemeng, fir dann déi zweet Phas vun de Buerungen ze maachen, déi jo bis 1000 Meter goe sollten. Voilà, dëst reng als Informatioun wat de Projet NeiSchmelz ugeet.

2.2. DÉCISION GOUVERNEMENTALE RÉCENTE CONCERNANT LA NON IMPLANTATION DE L'INDUSTRIE DU FILM SUR LE SITE NEISCHMELZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann den 2. Volet, jo dat ass dann d'Decisioun, déi rezent Decisioun vun der Regierung, respektiv vum Regierungsrot, dass d'Filmindustrie an da respektiv d'Cité du Film sech hei zu Diddeleng net soll usidelen, an dat ass eng Decisioun déi am Juli 2019 geholl gouf. Et ass eng Decisioun, bon, muss ech ganz éierlech soen, déi enttäuschend ass, déi ee rose mécht an déi engem virun allem ganz sauer erop stéisst. Ech mengen, engersäits hu mir Ufanks Dezember 2018 mat ganz vill Zefriddenheet gelies am Koalitiounsaccord, dass de Projet vun der Filmindustrie hei zu Diddeleng ënnerstëtzt gëtt, dass en de Wee ra fonnt huet. Dat ass och net vun ongeféier, dass en de Wee an de Koalitiounsaccord fonnt huet, a knapps 8 Méint duerno ass e vum Dësch, wéi d'Fransouse géinge soen 'avec un coup de balai', an et muss ee sech dat am Fong op der Zong zergoe loossen. An dat huet natierlech domadder d'Konsequenz dass mat dëser Decisioun d'NeiSchmelz ganz kloer u Prestanz verléiert. Well natierlech och de

Projet Filmindustrie zu der Identitéit vun NeiSchmelz bäigedroen huet, och zu engem gewëssene Pôle identitaire, nieft deenen 1000 Wunnengen, déi do entstinn op deene 40 Hektar, nieft dem Fräizäitangebot, a nieft den Aarbechtsplazen, déi hei solle geschaf ginn. An ech mengen d'Iddi war jo och, dass wann d'Filmindustrie sech do kann usidelen, dass se natierlech och nach méi staark mat engem CNA kann zesumme schaffen, well déi jo schonn effektiv eng gutt Zesummenaarbecht hunn, also hate mir do e flotten audiovisuellen nationale Pôle gesat. A firwat dës Decisioun ee rose mécht an een och enttäuscht, ech mengen do muss een e bësse méi wäit aushuelen an och e bëssen de Kader setzen, well 2005, bei der Schléissung vum LDD, vum Laminoir vun Diddeleng si jo och Aarbechtsplaze verschwonnen, an an deem Kader, ronderëm de Projet NeiSchmelz, ass sech déi deemoleg Regierung mat de Gewerkschaften an och mat der Stad Diddeleng eens ginn a si hunn och festgehalten, dass als Kompensatioun vun deenen Aarbechtsplazen déi do fort ginn, dass dann en nationale Projet op Diddeleng soll kommen.

En nationale Projet, engersäits mat nei Aarbechtsplazen déi zu Diddeleng wäerten entstoen, awer och en nationale Projet, deen och eng national Envergure huet, deen och en nationale Charakter huet, deen och eng national Ausrichtung huet. Dat ass en Engagement vun der Regierung gewiescht vis-à-vis vun der Stad Diddeleng, vis-à-vis vun der véiert gréisster Stad, an dëst Engagement schéngt haut, à ce qui paraît, net méi ze gëllen. An 2007, an der Foulée vun dem doten Engagement, 2007-2008, ronderëm den neie Site fir d'Filmindustrie, si mir jo och an d'Diskussioun komm mat der ULPA, wat am Fong déi Lëtzebuerger Associatioun ass vun de Filmproduzenten. An do goufen och zu deem Zäitpunkt jo grob Schätzunge gemaach vu ronn 7,2 Milliounen wat de Projet géif kaschte fir dass d'Filmindustrie sech kann hei zu Diddeleng usidelen. An nach konnt dee Projet, zu deem Zäitpunkt, net realiséiert ginn, well mir do an enger schwéierer Planung waren a ganz einfach well jo och Arcelor Mittal nach Proprietär war vun den Terrainen. An do sinn natierlech och d'Filmstudioen op Kielen gaangen an d'Filmproduzenten hunn och dat als Provisorium gesinn, well ëmmer an Aussicht gestallt gouf, dass si sech kéinten hei zu Diddeleng usidelen an effektiv am Joer 2015, wéi mir och wierklech op Héichtouren geschafft hu ronderëm d'Modification ponctuelle vun NeiSchmelz, respektiv awer och mat deene PAPen, hu mir erëm Kontakt mat der ULPA opgeholl als Gemeng, fir engersäits ze kucken, och wa se zu Kielen sinn, wéi d'Bereetschaft generell vun der ULPA ass, respektiv vun de Filmproduzenten, fir op Diddeleng ze kommen, ob nach ëmmer e Besoin do ass. Deen hu mir ganz positiv beäntwert kritt. A sou wéi mir d'Echoe kritt hunn, soll dat



nach ëmmer sou sinn, well si och nach ëmmer Potential gesinn, sech hei zu Diddeleng unzesidelen an natierlech och well d'Filmbranche do eng ganz Rei Besoinen huet, déi se hei zu Diddeleng kéint ëmsetzen.

D'Toile de fond natierlech och war, dass mir woussten, dass am Juli de Projet kéint entäist ginn an dem Sënn, dass jo dann och de Staat finalement Proprietär gouf vun deene 40 Hektar Frichen an dann eben de Fonds du Logement Développeur. An doropshin hate mir och am Joer, wéi soll ech soen, parallel 2015, 2016 eng Rei Reunionen, engersäits mat der ULPA, awer och mam Kulturministère, mam Wirtschaftsministère, mam Filmfong. Bon, zu deem Zäitpunkt muss een och soen, dass mir och e klore Message mat op de Wee kruten als Gemeng. Engersäits 2015-2016 jo déi Chiffere vun 2007 respektiv vun 2008, déi sinn net méi sou aktuell, déi misst een adaptéiere fir eng Decisioun kënnen ze huelen. A mir hunn natierlech fir virun ze kommen, si mir als Stad Diddeleng, hu mir do de Lead geholl an hunn och do dee selwechte Bureau d'études, deen 2007 déi éischt Schätzung gemaach hunn, nach eng Kéier dropgesat, fir ze kucke wat den aktuelle Präis ass. Well och an der Tëschenzäit d'Besoinen vun der Filmindustrie evoluéiert hunn an do si mir 2017 op e Projet komm, dee plus minus, wéi gesot ech soen dat graff, dee plus minus 22 Milliounen Euro op enger Fläch vun 19 000 Meterkaree hat. An do war et jo engersäits virgesinn an der Ausrichtung, dass natierlech d'Filmproduktioun mat deene verschiddene Plateauen, déi sollt sech jo kënnen am Stolwierk usidelen, am Laminor, dee jo zimmlech grouss ass, do sollt sech kënnen de ganze Volet vun der Postproduktioun usidelen, déi mengen ech ganz wichteg ass. En Deel vum Hall Fondouq sollt kënnen genotzt ginn, an d'Maison Rouge, also d'Rout Haus wou beim Portal ass, d'Haaptportal vun der Arbed, dat soll kënnen genotzt gi fir d'Administratioun, fir d'Büroen an och als Espace extérieur.

Ech mengen, alles dat si jo och Diskussiounen an Elementer déi mir jo och schonn hei am Gemengerot hate ronderëm d'Modification ponctuelle vum PAG. An et ass och ee Moment d'Iddi opkomm, dass een en interaktive Musée op Diddeleng kéint bréngen, ronderëm Film a Foto. Alles dat gouf mengen ech virgestallt, a mir wësse jo och, dass déi heite Gebaier, déi ech elo hei skizzéiert hunn, jo och vun dësem Gemengerot klasséiert goufen a proposéiert gouf, dass se klasséiert gi fir op den Inventaire supplémentaire, wa se effektiv eng nei Affektatioun kréien, dass se dann och subventionéiert gi vum Kulturministère. Ech mengen all dës Iwwerleeungen déi mir hei haten, déi hu mir an d'Modification ponctuelle, wéi gesot, vum PAG afléisse gelooss an och an déi verschidde PAPen opgehall. Mir hunn och weider geplangt, jiddweree wusst, dass mir géife weider plangen, an ech

géif soen, et huet keen eis zu kengem Moment ënnert iergendenger Form - ech drécken et elo mol sou aus - zeréckgepaff oder gesot 'plangt ëm Gottes Wëllen' - ech drécken et elo mol sou aus - 'net esou weider'. Mir haten och interministeriell Sitzunge mat héije Beamte vun de Ministèren. Och do, wéi gesot, ass weider dru geplangt ginn. Also virop ka kee soen en hätt näischt gewosst an, wéi gesot, mir hunn an dësem Gemengerot driwwer geschwat an natierlech och d'Press am Kader vun hirer Berichterstattung aus dësem Gemengerot aus, well awer och sech aner Momenter erginn hunn, wou se sech informéiert huet iwwer d'NeiSchmelz an och iwwer d'Filmindustrie. Wéi gesot, am Dezember 2018 war de Projet am Koalitionsaccord, doropshin hu mir als Schafferot am Laf vum Mount Januar eng Demande gemaach fir eng Entrevue ze kréien, fir ze kucke wéi een den dote Projet dann och kann zesummen ëmsetzen. A mir kruten och dann am Juli eng Entrevue mat der Kulturministesch, mam Wirtschaftsminister, mam Tourismusminister an och mam Filmfong, wou et nieft der Diskussioun vun der Implantatioun et och ëm d'Investissement giong an och ëm d'Gouvernance.

Natierlech sinn dat Diskussiounen, déi och nach ze kläre bleiwen an effektiv Mëtt Juli hu mir matgedeelt krut, dass et an de Regierungsrout gaangen ass an effektiv, dass do éischer déi negativ Decisioun komm ass par Rapport zu der Implantatioun vun der Filmindustrie zu Diddeleng. Déi Decisioun hu mir zur Kenntnis geholl, mee et ass een natierlech batter enttäuscht, dass déi Decisioun esou gefall ass, batter enttäuscht an och rosen. Et muss een natierlech och vun dëser Plaz aus soen, dass vun Ufank un de Wirtschaftsministère an och de Wirtschaftsminister eis staark ënnerstëtzt huet, well en och an der Filmindustrie Potenzial gesinn huet, well och do Aarbechtsplaze kreéiert ginn, well do, wéi gesot, Entwéicklungspotenzial ass, obwuel hien net den eigentleche Ressortminister ass, well dat heite läit bei der Kommunikatioun an de Medien an ass de Ressort vum Staatsminister. De Projet, wéi gesot, ass refuséiert a gëtt net ënnerstëtzt, dat war d'Argumentatioun, well en ze deier ass. 22 Milliounen graff Schätzungen an et ass dann éischer d'Optioun, eng Finanzsprëtze ze ginn oder bei der Filmindustrie à court terme an net eng Vue ze hunn à moyen et long terme, well ech mengen dat Engagement wiere mir hei agaange mam Projet NeiSchmelz, well dat heite jo e Projet ass, deen eis déi nächst 10 bis 15 Joer begleet an och natierlech d'Besoinen vun der Filmindustrie mat integréiert an zemoos jo och de Projet NeiSchmelz en tant que tel, am Kader vun de Plans sectoriels Logement och e Projet prioritaire ass. Eng Äntwert hätt kéint sinn 'Komm mir analyséieren de Projet nach eng Kéier e bësse méi am Detail, komm mir kucken nach eng Kéier iwwer den Invest, vläicht kënnen



mir deen och no ënne revidéieren, komm mir entwéckelen de Projet éischter a Phasen, well dat wat mir virleien haten, dat war den Devis, dat waren och graff Estimatiounen déi sécherlech nach ze verdéiwe si wann d'Volontéit, déi politesch Volontéit do ass'. Dat gouf awer net esou formuléiert am Juli 2019.

An nach muss ee soen, och wann een déi 22 Milliounen Euro am Raum stoe léisst, ass dat nach en ganz iwverschaubare Montant, wann ee weess, à titre d'exemple, dass - d'soll een zwar net Äppel mat Biere vergläichen - mee et sinn awer éffentlech Investor – Südspidol wäert 541 Milliounen kaschten an d'Extensioune vum Atelier Kräizbiere, wou d'Decisioun geholl gouf, e Projet de Loi ze maachen, also e Projet deen iwver 40 Milliounen Euro wäert kaschten, also de Staat an d'Regierung hunn och scho manner deier a sécherlech och scho méi deier Projeten ëmgesat wéi elo déi 22 Milliounen Euro. Wat een awer och enttäuscht a rose mécht, ass, dass an deene leschte Joren eng ganz Rei aner national Projeten an anere Gemengen an an anere Stied ëmgesat goufen. A mir gënne deenen dat, d'Stad Diddeleng gënnt deenen dat. Et huet also och mat enger politescher Volontéit ze dinn. An ech maachen awer och de Constat, an et ass och de Fall, dass an deene leschte Jore ganz wéineg national Projeten zu Diddeleng ëmgesat goufen an awer, wéi gesot, an anere Stied, och dat gënne mir hinnen. A wann en nationale Projet op Diddeleng komm ass, an ech denken do un de Projet ronderëm d'Logistik, den CFL Multimodal, wou och en Enjeu war ronderëm d'Wirtschaft, awer och ronderëm d'Mobilitéit, wou mir ganz vill hei am Gemengerot iwver den Impakt vun dësem Projet geschwat hunn. Punkto effektiv hei d'Entrée vun Diddeleng, hu mir ëmmer probéiert, de Projet engersäits ofzefiedere, och d'Revendicatiounen hei lass, ze ginn, dat waren déi zwou Gemengen zesammen, hei och am Gemengerot, fir och d'Liewensqualitéit ze erhalen.

Mir hunn awer ëmmer dat ganz konstruktiv gemaach als Gemeng, mir hunn awer déi subsequent, verschidde Regierungen déi do ware mat deene verschiddene politesche Couleuren an hirem Virhaben, ëmmer ënnerstëtzt a se am Fong ni am Stach gelooss. D'Regierung konnt am Fong bei hiren nationale Projeten, déi se hei zu Diddeleng wëlles hat, ëmmer op d'Stad Diddeleng an op de Gemengerot zielen. Och wa mir verschidde Vuen hei haten, hu mir awer ëmmer probéiert dat ze maachen, dass de Projet hei kann ëmgesat ginn. An haut gi mir, dat kann een awer haut soen, fir en aneren nationale Projet vun der Regierung am Stach gelooss, am Reen stoe gelooss. D'autant plus, well awer och NeiSchmelz iwver de Fonds du Logement, dee Promoteur public ass, deen also Developpeur public ass, och e staatleche Projet ass. Dat dierf een net vergiessen.

An NeiSchmelz ass och méi wéi nëmmen e Wunnengsbau, e Projet. Et ass sécherlech e ganz neie Quartier fir d'Stad Diddeleng, mee et ass e Quartier deen eng ganz Rei Enjeuen huet, an ee vun den Enjeuen ass och, nei Aarbechtsplazen zu Diddeleng och deementspriedend ze schafen. A wann dann, géif ech elo hei mol soen, d'Filmindustrie net op Diddeleng komme sollt, wäerte mir op alle Fall, an ech hoffen dass dëse Gemengerot hei Partei ergräift an eis do ënnerstëtzt, wäerte mir als Stad Diddeleng drop pochen, dass als Alternativ en equivalenten, nationale Projet op d'NeiSchmelz kënnt. A mir wäerten dorunner sécherlech kee Jota réckelen, well et ass en Engagement dat 2005 vis-à-vis vun der Stad Diddeleng geholl gouf. Dëst Engagement als Kompensatioun vu verlueren Aarbechtsplazen, soll also agehalen an ageléift ginn. Hei zu Diddeleng hu mir e Laangzittgediechtnes, dat geet eis wéi gesot net verluer: Ech mengen, dat waren e bëssen déi Erklärungen déi ech lech wollt ginn, hei am Gemengerot, par Rapport zu der Decisioun. Ech hu missen e bësse méi wäit aushuele par Rapport zu der Chronologie an och zu der Positioun vun der Stad Diddeleng an dësem Dossier.

2.3. REPORT DE LA MISE EN PROCÉDURE DU NOUVEAU PLAN D'AMÉNAGEMENT GÉNÉRAL (PAG)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géif ech, wann dir et erlaabt, op den drëtten Punkt iwvergoen. Dat ass am Kader vun der genereller Reform vum PAG. Do ass jo gewosst, dass d'Deadline steet vum 1. November 2019, an do hu mir den 23. September e Courrier un d'Inneministesch gemaach, wou mir hir erkläert hunn, dass mir deen doten Timing net wäerte kënnen anhalen, mee dass mir awer op alle Fall am Laf vum Mount Februar 2020 deen éischte Vott hei am Gemengerot wäerte maachen. Dass mir déi Deadlinen net kënnen anhalen huet net domat ze dinn, dass mir net geschafft hunn. Au Contraire, et ass ganz vill geschafft ginn, mee dat ass op e puer Facteurs zeréck ze féieren. Engersäits ass et jo sou, dass ee jo muss eng strategesch Ëmweltprüfung maachen, déi hu mir jo och maache gelooss iwver den Ökobüro. Déi éischt Phas, dat heescht mir hunn déi Ëmweltprüfung an den Ëmweltministère geschéckt an do hu mir effektiv och eng Rei Äntwerte kritt.

Et sinn 61 Flächen déi analyséiert goufen, a mir kruten am Fong de 6. Juli 2018 d'Äntwert vum Ëmweltministère, deen eis gesot huet, dass mir an déi 2. Phas musse goen an dass mir an der 2. Phas nach eng Kéier 35 Fläche mussen deementspriedend och nach eng Kéier analyséieren. Flächen, déi virun allem Fliedermais an effektiv d'Vullewelt concernéieren. Wéi mir den Avis kritt hunn de 6. Juli 2018, do konnte mir déi



Analysen net maachen, well déi Analyse kann ee réischt am Fréijoer bis an de Summer ra maachen. Sou dass mir déi am Fong réischt konnten am Fréijoer a Summer 2019 maachen an do e ganz Joer verluer hunn, wat d'Analysen ugeet. Wat awer net heescht, dass mir während dem Joer net geschafft hunn un der Partie écrite an un der Partie graphique ronderëm de PAG. Mir hate jo och en Aarbechtsgrupp agesat, deen huet sech deementspriedend och gesinn. Dat ass mengen ech de Volet an hei och mam Ökobüro ausgemaach, dass natierlech och fir déi 2. Phas, wou lo am Fong d'Analyse gemaach ginn, d'Auswärtunge gemeet ginn, dass do de Rapport fir effektiv de Mount November wäert deementspriedend virleien, sou dass mir dann och kënnen am Februar hei de Vott maachen.

A mir wäerten nieft de Sitzungen, déi den Aarbechtsgrupp huet, mengen ech awer och hei den Gemengerot ee- bis zweemol informell zesumme komme loossen, fir déi ganz Matière ronderëm de PAG zesummen duerchzehuelen, éier mir dann déi offiziell Sitzung maachen, wou och dann déi éischt Saisine an och den éischte Vott gemeet gëtt ronderëm de PAG. Wat awer, mengen ech, och dozou gefouert huet, dass mir och a Versuch gerode sinn, dat ass dass parallel zu den Aarbechte ronderëm d'Reform vum PAG, déi, wéi gesot, weider gelaf sinn, haut hu mir rëm sou eng Situatioun - un der Modification ponctuelle vum PAG NeiSchmelz geschafft gouf vun eise Servicer mam Bureau d'études Zeyen a Baumann a mat den Architektbüroen, déi véier Architektbüroen, an dass och un de PAPe geschafft gouf. An ech mengen dat sinn d'Projeten déi, dir wësst et, wéi de Projet NeiSchmelz eng gréisser Envergure hunn. An déi Zäit déi mir natierlech an deen doten grouse Projet gestach, déi Zäit ass hate mir manner, ech drécken et mol sou aus, fir effektiv an d'Refonte vum PAG ze stiechen, sou dass mir am Fong deementspriedend do e Versuch hu vun dräi Méint. Wat op där anerer Säit awer net allze dramatesch ass, well d'Gesetz jo virgesäit, dass een, wann een de Vott net virum 1. November hält, dass dann all neie PAP, deen een an d'Prozedur schéckt, blockéiert ass, d'Baugeneemegung kann een nach ëmmer ausstellen.

Mir sinn awer hei an der Situatioun zu Diddeleng, dass mir alleguerten déi wichteg PAPen, déi mir hei zu Diddeleng hunn, an d'Prozedur geschéckt hunn, virum 1. November. Sou dass am Fong an deem Sënn do kee Blocage ass. A wéi gesot, nom 1. November kann ech als Buergermeeschter weider Baugeneemegungen ausstellen, weider PAPen wäerte lo mengen ech net kommen, sou dass mir och déi nächst Méint weider hei un der Reform wäerte schaffen an dann effektiv ab November natierlech hei d'Analyse vun der strategescher Ëmweltprüfung och mat wäerten integréieren. Voilà, dat sinn am Fong déi dräi Kommunikatiounen, déi ech hei dem

Gemengerot deementspriedend wollt maachen. Also wéi mir gesot hunn ass elo d'Diskussioun op. Den Här Spina wollt nach eppes soen.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Jo, Merci Här Buergermeeschter. Léif Leit aus dem Schäffen- a Gemengerot, erlaabt mir awer och nach, e puer Wuert dozou ze soen, zu där Decisioun déi d'Regierung geholl huet. Ech wëll dat méi wéi ënnersträichen a bestätegen, wat den Buergermeeschter hei gesot huet, an dat e bëssen aus menger Vue. Ech selwer war 2011 an dem Comité de Coordination NeiSchmelz mat dobäi, sou dass ech den Dossier wierklech ganz no suivéiert hunn an och gutt kennen. Den Historique ass grad vun eise Buergermeeschter gemat ginn an deemools, wou d'Arbed Arcelor zougemat ginn ass, do war d'Verspriche vun der Regierung, mir géingen eben hei zu Diddeleng en nationale Projet d'Envergure kréien. D'Envergure ëmschléisst déi verschidde Punkten déi de Buergermeeschter och schonn erwänt huet, nämlech Aarbechtsplazen. Ech menge wann esou e Filmstudio op Diddeleng kënnt, wësst dir wéi eng Aarbechtsplazen do bei sou engem Tournage mat drun hängen. Nieft der ganzer Schauspillerei och d'Dekoratioun, d'Techniker, de Maquillage an sou virun an sou fort. Domadder bezunn och den Tourismus, well dat ass wierklech en Attraktiounspol, wier dat dot gewiescht, deen sech do rëm hätt kéinten opbauen. Et hätt ee kulturschaffend Leit do an d'Géigend vun eise Kulturzenter an dem CNA kritt, wat do och sécherlech gepasst hätt. An do wiere mat der Museksschoul zesumme flott Synergie méiglech gewiescht. D'Restauratioun, d'Hotellerie déi lo do ass, respektiv hätt ee kéinten neier unzéien op Diddeleng, sou dass ee wierklech vun enger gewëssener Envergure hei muss schwätzen.

An den Filmstudio en tant que tel wier natierlech eng riseg Valorisatioun fir de ganze Site NeiSchmelz an d'Stad Diddeleng gewiescht. Jo, déi aktuell Regierung déi hält sech net un den Deal deen 2005 vun der Regierung gemaach ginn ass. Et ass jo net dass se dat net woussten, och während deene leschte Joren hu mir reegelméisseg en Austausch mat deene verschiddene Servicer an interministeriellen Instanze gehat, an do war wéi gesot ni een Ament d'Diskussioun oder de Punkt opgeworf ginn, net hei de Filmstudio zu Diddeleng realiséieren. Elo, wou si eis d'Decisioun ugekënnegt hunn, hu se e bësse sou tëschent Tür an Aangel, den een oder den aneren - ech nennen dat lo Wischi-Waschi- oder Mickimaus-Projet - hei op Diddeleng wollten implantéieren, fir dass mir einfach iergendwou sollten zefridde gestallt ginn. Sou hat ech jiddefalls mol d'Gefill. An domadder loosse mir eis awer lo net zefriddestellen. Mir hätt gären, sou wéi et och de Buergermeeschter gesot huet, dass dat eescht geholl gëtt, wat déi



Regierung sengerzäit eis versprach huet. Dass de Projet, déi Alternativ, déi da sollt fonnt ginn, dass se sech do sollen Zäit huele fir dass déi Alternativ och all deene Critèren entsprécht, de ganzen nationale Kaliber berécksiichtegt, wou mir lo virdrun ugeschwat hunn, fir dass déi verschidden Aspekter och géifen zefriddegestallt kënnen ginn. De Ball dee läit elo ganz kloer bei den aktuelle politesche Responsabelen. Mir hei zu Diddeleng hunn den Dossier iwwe Joren optimal préparéiert an dru geschafft, sou wéi dat senger Zäit an och zu deene Konditiounen ofgemaach ginn ass. Ech hoffen dass de ganzen Gemengerot, egal wéi enger politescher Couleur, a wéi engem Deel vum Dësch mir lo hei sëtzen, dat genau d'selwescht gesäit an dass mir zesummen et fäerdeg bréngen den Drock esou héich ze halen, dass dat wat d'Regierung sengerzäit versprach huet, wat Diddeleng och verdéngt huet, och deementspriedend zougesprach kritt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Spina. Voilà, d'Diskussioun ass op. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci, Här Buergermeeschter. Ech wollt haaptsächlech zu der Decisioun vun der Regierung Stellung huele fir d'Filmindustrie net op Diddeleng ze huelen. Den Här Gangler hält herno nach Positioun zu deenen anere Punkten. Wéi mir den 29. Mäerz 2018 hei souze fir d'Approbatoun vun der punktueller Modifikatioun vum PAG fir de Projet NeiSchmelz ze stëmmen, war eng grouss Euphorie heibannen, op alle Bänken oder op praktesch alle Bänken. D'huet geheescht, mir wëllen hei Geschicht schreiwen, mir wëlle mat engem historiesche Moment fir d'NeiSchmelz, fir d'Stad Diddeleng, de Wee weisen. De Projet ass op d'Schinne gesat ginn. Den Här Buergermeeschter huet gesot, déi fréier Schmelz ass e 'Lieu de mémoire' an et soll och eng 'Mémoire des lieux' an d'NeiSchmelz afléissen, an dat hu mir natierlech och begréisst. An et si wéi Dir gesot hutt, net nëmmen 1.000 Wunneheiten, et sinn net nëmmen 2.300 Awunner déi dann hei zu Diddeleng um Site vun NeiSchmelz en neit Doheem fannen.

Den Aspekt vum Ekoquartier, vum CO₂-neutrale Quartier a virun allem och d'Valorisation vun de Friché war eis allegueren eng 'Herzensangelegenheit', wéi déi Däitsch géife soen, an d'CSV huet wéi all déi lescht Joren de Projet NeiSchmelz matgedroen a mir hunn och mat 'Jo' gestëmmt. Wat d'Filmindustrie ubelaangt, do hat de Buergermeeschter nach am Mäerz 2018 gesot: „Mir schaffe mat Héichdruck drun, fir de Projet Filmindustrie op Diddeleng ze kréien, well dat och eng Entitéit ass mam CNA“. An dir hutt och gesot, den audiovisuelle Volet gehéiert zur Identitéit vun der Stad Diddeleng an

dir hat och gesot „Mir hu virun e puer Wochen am Kader vun Entrevuë mam Kulturministère, mam Ekonomiesministère a mat Leit vun der Filmindustrie zesumme gesiess fir de Projet weiderzedreiwen. An et ass nach ëmmer eng Aktualitéit, fir d'Leit vun der Filmindustrie am Stolwierk unzesidelen. Och dat war ganz wichteg, well et jo och drëm geet, déi Sitten déi mir wëllen halen, dass mir déi och mat Liewe wëlle fëllen an och dunn hat dir schonns ugekënnegt, dass eventuell souguer d'Filmindustrie sech géif op de Laminoir auswäiten. An dir hat geschwat vun de Start-uppen an dass och an anere Gebailechkeeten op NeiSchmelz d'Filmindustrie géif en Doheem fannen.

Den eenzegen Hoken, dee mir deemools nach gesinn hunn, dat war, dass am Fong nach kéng staatlech a wëssenschaftlech Analyse vun deene verschiddene Gebailechkeeten, déi mir jo och dann am Mäerz 2019 op den Inventaire gesat hunn - do eng kuerz Tëschefro op dat méttlerweil geschitt ass? - ob mir eis do awer wéinstens kënnen drop foussen, dass déi Analyse gemaach sinn an dass déi Gebailechkeeten awer sou an der Rei sinn, dass een do kann en Invest maachen. Den Här Garcia vun deene Gréngen hat a sengem Exkurs am Mäerz 2018 georakelt, wann ech dat kann esou soen, an hien hat en Artikel aus dem Reporter.lu zitéiert, a war sech net sou sécher, wéi dat ass mat der Volontéit fir den industrielle Patrimoine ze erhalen. An ech zitéiere wat an eiem Verbatim steet „um die Preise zu senken“, mir schwätze jo vun engem Projet mat enger immenser Envergure, „wird ein Szenario B erwogen, in dem die beeindruckende Stahlkonstruktion einem Neubau weichen soll und in dem eventuell sogar das Laminoir geopfert werden soll“. Dat waren är Wieder an den Här Buergermeeschter hat an dem Reportage och gesot gehat, Neen, dat wier op kee Fall esou wéi dat duergestallt wier. An dir hat och gesot gehat, dass dat nach ëmmer Gemengenkompetenz ass. Och d'PAPen. Dat gétt am Gemengerot decidéiert an och déi potenziell Demolierung, dat misst duerch de Gemengerot goen. Ech hoffe jo dass dat awer a wäiter Fär ass.

Voilà, ech mengen dat ass jo scho mol gutt ze héieren. A mir haten jo och als Äntwert am Fong, vläicht war et wirklech als Äntwert op dem Här Garcia seng Interventioun oder well de Schäfferot sech dat awer och vläicht geduecht huet, dass et net schlecht wier, iwwehaapt mol verschidde Gebailechkeeten op den zousätzlechen Inventaire vun den nationale Monumenter anzedroen. Do hate mir eng grouss Diskussioun am Mäerz dëst Joer 2019. An do war dann och meng Fro: Krute mir dann dorop schonn eng Äntwert? Well mir lafen ëmmer e bëssen hannert den Informatiounen hier. Wéi ass d'Äntwert mat eiser Propos fir eeben d'Stolwierk, fir de Laminoir, fir d'Gare Usine, fir déi 18 aner Gebaier



op NeiSchmelz, fir déi ze klasséieren? Krute mir do eng Äntwert? Sinn eis Proposen ugehall a wéi bindend sinn déi? D'Fro ass natierlech och, wat lo d'Stolwierk ubelaangt, ass de Schafferot bereet, fir d'Erhale vum Stolwierk a vum Laminair ze kämpfen an dat als conditio sine qua non an d'Verhandlungen mam Stad respektiv mam Fonds du Logement, mat eranzehuelen oder och net? An dann ass d'Fro: Wat maache mir da mam Stolwierk wann d'Filmindustrie net op Diddeleng kënnt, a mir hunn zwar d'Dénge renovéiert, also d'Gebäilechkeete renovéiert a wat maache mir domadder? Hutt dir do eng konkret Iddi? Dir hutt virdru gesot gehat, mir musse lo kucken, wéi et viru geet a mir loosse eis net iwwert den Dösch zéien. Mee wéi eng konkret Proposen hutt dir? Den Här Gangler hat sech och scho Gedanke gemeet, hie stellt lech herno nach eng Iddi vir, déi mol guer net sou wäit aus de Féiss läit.

Wéi konkret sinn och d'Pläng vum Groupe de travail Esch 2022? Dat ass jo och eppes, wat mir net dierfe verno-léisseg well am Bitbuck steet steet nach ëmmer déi Prämiss dass d'Industriefriche vum Diddeleng an dat Gesamtkonzept vum Patrimoine vum Süde sollen opgehall ginn an och revaloriséiert ginn. Ass dat dann net och en zousätzlecht Argument, wat mir dem Ministère kënnen ënnerbreeden, dass dat jo och e Package ass, och e Ganz ass. Dass et net nëmme dat Stolwierk mat der Filmindustrie ass, mee dass et ëm NeiSchmelz geet, dass et ëm eis Visittekaart no baussen och am Kulturjoer 2022 geet, ëm d'Credibilitéit vum dëser Regierung a vum deene Projeten, déi se entaméieren, well och Esch 2022 gëtt jo gehyped als grouss Visittekäertche vu Lëtzebuerg, vum Süden, vum Diddeleng, an domadder kënnt herno jiddwereen sech bretzen. Mee fir awer lo konkret Neel mat Käpp ze maachen, do zéit da jiddereen awer d'Oueren an. D'Sylvie Andrich hat am Mäerz 2019 jo gesot, den Zickzack-Kurs a Saache Filmindustrie dat hätt e laange Baart an „ein Raunen ging durch die Mengen der LSAP-Stühle“, wéi d'Sylvie den Historique nach eng Kéier gemeet huet 2008.

Den Här Buergermeeschter huet och gesot, do sollt de Filmstudio schonn an d'Hal Fondoucq kommen an en Accord de principe fir eng Finanzéierung war och scho gestëmmt ginn. An dat soll finanzéiert ginn zu engem Drëttel vum der Gemeng, engem Drëttel vum Staat, an engem Drëttel vum der Filmindustrie. Dass de Projet 2013 geplatzt ass, dass déi respektiv Filmassociatioun sech anerwäerts niddergelooss huet, do kann ee lo soen, jo, dat war Pech domm gaangen, mee ech mengen awer dat war jo och haaptsächlech eng Ursaach well de Projet NeiSchmelz nach net sou wäit gedië war, dass déi Leit eng reell no Zukunftsperspektiv haten. Dat heescht vum 2008 krute se et versprach, 2013 war jo nach näischt geschitt,

bon mol kucken, lo si mir 2019, et huet sech nach ëmmer näischt gedoen... dofir verstinn ech och dass do d'Filmindustrie och net schrecklech 'amused' war mat där Hinhaltetaktik.

Ob dat lo just vum Ministère war, Kulturministère, Wirtschaftsministère, oder ob do awer och vläicht eise Schafferot an d'Verantwortung muss gezu ginn, dat loosse ech jiddweree selwer iwwerleeën. An elo, jo lo sti mir hei. Mat der aler Aschätzung vun deemools, dass dat e bësse verschlof ginn ass, louche mir jo dann awer warscheinlech net sou falsch. An am Mäerz 2018 gouf eis awer ëmmer nach virgemaach, de Projet Film wier an dréchenen Dicher. Mee hei läit lo en Schreiwes vir vum Januar 2019, wou da felicitéiert gëtt, dem Minister Schneider, LSAP-Minister Schneider, Ekonomiesminister, wéi flott dat wier, dass de 'Projet cinématographique créatif à Dudelange', dass deen am Koalitionsaccord festgehale gouf, a wéi et da lo weiter geet. An d'Äntwert vum deem Schreiwes hu mir lo leider hei net virleie gehat, mee wéi et weidergaangen ass, dat gesi mir dann am Brëif vum Här Buergermeeschter u véier Ministere vum alle véier Regierungsparteien. An do steet dann ze liesen dass de Projet gestuerwen ass, wat mir selbstverständlech och bedauern. Mee, wat ass dann do schifgelaf? Sinn et da just déi ekonomesch Iwwerleeungen déi, wéi den Här Garcia et scho georakelt hat, eng Sanéierung an Instandsetzung ze deier maachen? Wann ech lo héieren 22 Milliounen... bon dir sot lo am Verglach mat anere Projeten ass dat net sou vill, mee 22 Milliounen ass jo awer schonn e Batz. War dat virauszegesinn, dass dat sou deier gouf? Hate mir eis do e bësse iwwerschätzt wat, wéi soll ech dat soen, d'Gonscht vum der Regierung ugeet vis-à-vis vum Diddeleng oder vum LSAP-Minister op LSAP-Buergermeeschter, dass déi Gonscht onendlech wier? Dat ass eng Fro.

Dann ass déi zweet Fro: ass et wierklech och well den Drock um Wunnengsmaat esou grouss ass, dass de Fonds du Logement einfach seet: Hei lauschter mir wëlle Rekord-Wunnenge schafen? Éischtens mol dass hier schlecht Press bësselchen attenuéiert gëtt, an awer och well natierlech selbstverständlech och en Drock do ass. Wat wëll de Fonds du Logement maachen, lo mat deem Stolwierk wat lo dann entre guillemets „eidel steet“? An da war et esou, dass déi Responsabel hei am Schafferot d'Argumentatioun vläicht net fest genuch ficeléiert haten? Oder, dat war eng Fro déi ech mir haut de Mëtten nach gestallt hunn, mee wou mir awer lo erstaunlecherweis eng Äntwert kritt hunn, oder ass et well eis Responsabel hei, also de Schafferot, net genuch Kontakt mat der Filmindustrie geholl haten iwwer all déi Joren a genau gefrot hunn, ob a wéi eng Offer se brauchen? Mat Erstaunen hunn ech lo festgestallt, ech denken all déi aner vum den Oppositionsparteien och,



dass schonn 2015 mat engem Büro d'études geschafft ginn ass an 2017 de Projet vun deenen 22 Milliounen um Dësch louch. Firwat hutt dir net mat eis doriwwer geschwat, firwat hu mir dat net zesammen diskutéiert? Dat ass eppes wat mir ëmmer rëm monéieren, dass mir ëmmer erëm herno virun e Fait accompli gestallt ginn an ech menge vläicht hätt een da kënne soen: Hei Kanner dat ass awer normal, wann dir lo mat engem Projet kommt, deen 22 Milliounen kascht, niewent dem ganze Projet NeiSchmelz, dass do net grad jiddwereen an Fililleke vu Freed klappt. Dat denken ech hätt ee vläicht awer schonn eng Kéier kënne am Virfeld diskutéieren an net elo réischt. Voilà, meng Fro ass elo: wéi eng Argumenter hu mir oder, Pardon, wéi eng Argumenter huet de Gouvernement virbruecht fir d'Faleloosse vum Projet Filmindustrie ze etofféieren? Dee Bréif vum Wirtschaftsministère, wou dat drasteet, oder vum Conseil de Gouvernement wou dat drasteet, dass de Projet fale gelooss gouf, hu mir hei net virleien. Wat hu si do argumentéiert? Wat waren hir Iwwerleeungen? Firwat hu si dat, eis da fale gelooss? Dann 2. Fro: Dir hutt virdru gesot gehat: Et gouf eis versprochen, e Projet national um Site NeiSchmelz ze kréien als Kompensatioun fir déi verlueren Aarbechtsplazen a fir d'Schlësse vun Arcelor. Steet da wierklech drop, an dem Projet, dass dat och um Site Neischmelz muss sinn? Dat ass eng Fro, well net, dass mir herno iwwer den Dësch gezu ginn a se soen: „Jo da kritt dir iergendwou an d'Pampa eppes gesat oder dir kritt en neien CDGs Center oder dir kritt äert Spidol jo sanéiert“. Steet dat wierklech drop? Well hei an der Citatioun steet dat net sou genau, dass et wierklech muss um Site NeiSchmelz sinn, an der Resolution vun 2005.

Da steet jo och hei, dir hutt et och nach eng Kéier erwänt, dass dee Filmprojet, dat sollt jo och eng Connotation nationale kréien, a mir schwätze jo hei vun zwou Komponente vun der Connotation nationale. Dann eent ass e Projet, deen Aarbechtsplaze soll schafen, voilà dat hutt dir gesot, an dat zweet ass eng Attraction d'ordre national, fréquentation visiteurs. Ma jo, wéi, mee wéi gesot wat mech e bësselche stutzeg mécht, dass et net wierklech etofféiert drasteet, dass et muss op NeiSchmelz kommen. Dofir musse mir eis wierklech iwwerleeën, wéi mir lo eis Äntwert schreiwen, well mir kréie jo hei warscheinlech och iergendwéi eng Äntwert. Wéi mir weider virginn, wéi mir argumentéieren, an dat ass eppes wat ech soen, do si mir och bereet, matzeschaffen. Dir sot: „Mir hoffen dass dir Allegueren d' Saach do zoustëmmt“. Mee wa mir net informéiert ginn, wa mir net wëssen, dass dir schonn 2015 eng Etüd gemeet hutt, wa mir dat haut gewuer ginn, dass do e Projet vun 22 Milliounen um Dësch steet? Jo wou solle mir dann do kënne mat d'Käpp zesummestrecken a soen: „Hei lauschter, dat do war vläicht e bëssen ze

héich gegräff, wou kënne mir nach e bëssen kierzen?“ All Büro d'études, wéi soll ech soen, do gëtt et ëmmer nach en 2. Büro d'études, wou een och ka mandatéiere fir awer och vläicht mol en 2. Projet ze ginn. An et kënnt mir ëmmer e bësse vir, wéi wann ëmmer bësselchen im kleinen Kämmerlein géifen Decisiounen geholl ginn, ouni vläicht mat eis Récksprooch ze halen, dat awer lo just am Rande. Wat mir awer lo net immens gutt gefält, oder eis net immens gutt gefält, dat ass de Mimimi an dem Bréif hei. Do steet dann: „Jo mir sinn awer lo e bëssen traureg, well mir sinn awer déi véiertgréisst Gemeng, a mir kréien awer lo kee Projet d'envergure a mir hätten awer lo eppes Aneshtes...“ Majo, et deet mir leed, wem seng Schold ass et dann dass mir kee Projet à connotation nationale oder régionale, e grouse Projet, heihinner kritt hunn?

Et ass net nëmme d'Regierung, et ass vläicht och e bësselchen hei am Haus wou d'Chance verpasst gouf. Zum Beispill, dass mir d'Südspidol kréien, dir hutt virdru vum Südspidol geschwat. Dat war eng Offer, déi louch um Dësch, jo nee dir hutt d'Südspidol, majo, dir hutt d'Südspidol erwänt gehat, mee ech soen dat ass zum Beispill och eng verpasste Chance. Mir soen ëmmer: „Hei gitt e bësse méi proaktiv vir, mir hunn, mir schwätzen och vu Koibestrachen, do sollen dann och nach Technologies de communication, d'information, Technologies de santé kommen, och do, do läit nach näischt Konkretes um Dësch. Vläch schaff dir am Hannergrond. Vläch schaff dir oder hutt déi Entrevuen. Mee firwat sot dir eis et net? An da brauche mir net ëmmer herno ze soen: „Ma nondikass nach mol, sidd dach méi offen an diskutéiert mat eis iwwer déi verschidde Projeten?“ Anere grouse Problem, dee mir och ëmmer rëm opgeworf hunn, wat och zu dem Thema NeiSchmelz gehéiert: wéi ass et dann elo mat dem Problem vun der Mobilitéit? Wéi ass et mam Problem, am Quartier NeiSchmelz am besonneschen, mee och fir ganz Diddeleng? Dir sot elo, dat huet näischt domat ze dinn. Mee et geet awer drëm, dass mir hei lo wierklech Neel mat Käpp maachen an eis kënnt et ëmmer e bësse sou vir, dir kommunizéiert mat eis just wann et iech passt oder wann dir musst. Et ass wéi de Schüler deen eng schlecht Prüfung huet an hie weist dem Papp se just wa se muss ënnerschriwwen ginn, an all déi aner déi bleiwen am Schoulsak leien, déi ginn do verstoppt. Sou fanne mir, ass et net flott mateneen ze schaffen.

Wéi gesot, dat hei ass en Dossier dee ganz sensibel ass, deen eis genau sou traureg mécht wéi iech, an och genau sou rose mécht wéi iech, mee en plus mécht et eis rose well mir dat lo hei sou higeplättelt kréien, wou mir guer net wëssen, wéi eng Diskussioun gemeet gi sinn an dat ass dat wat schued ass. Dofir, meng Invitatioun nach eng Kéier, sidd e bësse méi offen, schwätzt



mat eis, mir droe jo vill Projeten ëmmer mat. Schwätzt mat eis am Ufank, während der Elaboratioun vun neien Iddien an och wa Problemer kommen. Firwat net am Virfeld soen: „Hm, dat do gesäit lo schlecht aus“. Firwat net dat an engem informelle Gemengerot diskutéieren? Da brauch ech mech hei lo net 'en public' sou opzereegen an ze soen dass dat wierklech net déi fein Aart ass, mee dann hätt ee vläicht scho kënnen am Virfeld soen: „Hei kuckt“ - wéi gesot wann ech kucken hei de Projet 22 Milliounen - Jongen, hei ob dir dat duerchkritt, do musse mir vläicht awer den Dossier nach e bësse méi ficeléieren. Voilà, bon wéi gesot, ech wëll just soen, eis deet et immens Leed, dass dat lo sou geschitt ass, mee lo musse mir no vir kucken. D'Kand läit lo am Pëtz, d'huet lo net vill Wäert fir ze souere beim Ministère. Ma mir hätten awer nach gären iergendeppes anesches. Mee wou sinn är konkret Proposen? Wat hätt dir gäre vum Staat? D'geet lo net duer ze soen: „Hei lauschtert, dir musst eis dëst oder dat maachen“. Wéi ass et lo genau, wéi soll et virgoen? Musse mir e Projet d'envergure nationale kréien op NeiSchmelz oder kréie mir e Projet d'envergure enzweesch anescht? Dir hutt genau gesot, mir hunn och vill geschléckt. D'Südspidol ass eis laanscht d'Nues gaangen, mir hunn d'CFL multimodal kritt, mam Kaméidi, mat der Liichtverschmutzung, mam Verkéier, dat ass alles schéin a gutt, dass dat lo sou gaangen ass, mee lo geet et fir Neel mat Käpp ze maachen. Dat Souere mimimi mir hunn näischt kritt, dat ass net déi Aart a Weis.

Ech fannen dir musst lo soen: „Hei dat an dat an dat hätt mir gären“, zum Beispill dass mir d'Sall, d'Stolwierk, d'Salzwierk uerdentlech sanéiert kréien, dass mir et erhalte kréien an dass mir et opgewäert kréien. Mee einfach nëmmen ze soen: „Jo da bréngt eis elo eppes“. Ech weess net, ob dat duergeet, a wéi gesot, mir sinn gäre bereet d'Käpp zesummenzestiechen a wierklech konkret ze kucke wéi mir dann elo eise Quartier Nei-Schmelz, dee wierklech e Projet phare ass, a wou mir och nach ëmmer 100% derhannert stinn, fir dee wierklech ze deem ze maache wat e soll sinn. Wierklech e Symbol fir Diddeleng. Nieft dem Waassertuerm soll dat wierklech eppes si wou d'Leit soen: „Ah jo, zu Diddeleng do ass de Waassertuerm mat der cooler Ausstellung, do ass flott Liewen an do ass de flotte Quartier Nei-Schmelz“. Gidd lech aner Projeten ukucken, sief et zu Essen oder zu Antwerpen, wou ee Quartiere kann immens cool renovéieren. Verlaangt vum Ministère dass se lech wierklech Sue gi fir alleguerten déi Gebaier déi mir gäre klasséiert hätten, dass mir déi och klasséiert kréien an ech denken, et kann ee se och beliewe mat Hotellen, mat Restauranten, mat Caféen. mee ech denken net dass et einfach geet: „Hei lauschter lo si mir e bësse beleidegt well mir näischt kréien, mee dir musst konkret Propose maachen.“ Mir si gär bereet,

d'Käpp mat zesummenzestiechen. Huet eis Offer u fir mat eis zesummenzeschaffen an ech sinn iwuerzeegt, dass de Quartier NeiSchmelz e coole Quartier gëtt, mat Filmstudio oder ouni, mee schafft mat eis zesummen an decidéiert net alles am stillen Kämmerlein. Dat ass awer een Appell, deen ech och nach hei wollt mat op de Wee ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Weider Stellungnamen? D'Martine Bodry-Kohn an dann den Här Garcia.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Am Numm vun der LSAP a komplementär zu den Ausféierunge vum Här Buergermeeschter a vum Här Spina, géif ech dann och nach gäre kuerz Stellung bezéien zum Thema Filmindustrie. D'Filmindustrie hei zu Lëtzebuerg ass zënter Ufanks de 90er Jore steeteg gewuess. Aktuell verdénge ronn 750 Leit hiert Brout an a ronderëm d'Filmindustrie. Techniker, Produzenten, Regisseuren, Schauspiller, Grafiker etc. De Lëtzebuurger Filmfong huet eleng 2017, dat ass dee leschte Rapport d'activité den zougänglech ass, ronn 70 Filmprojeten ënnerstëtzt déi um Lëtzebuurger Territoire entweder produzéiert oder co-produzéiert goufen. Dës Zuele ginn och net erof, am Géigendeel. Mir schwätzen hei also net vun näischt. Den Emplacement vun dem Filmstudio bedeit ausserdeem dass sech ronderëm kleng Firmaen nidderloosse kéinten déi direkt mat der Produktioun ze dinn hunn, sougenannten Zouliwweren.

Den Här Buergermeeschter huet hei schonn Erklärungen ginn. D'Postproduktioun, d'Administratioun etc. kënnt dann och nach dobäi. Alles hätt hei seng Plaz fonnt. Fir der Filmindustrie entgéintzekommen an hinnen en ideale Standpunkt ze bidde gouf schonn, wéi den Här Buergermeeschter scho gesot huet, den Här Spina och, beim Ausschafe vun de Pläng vum neien Ekoquartier Nei-Schmelz drop opgepasst, datt Infrastrukture geschaf gi fir ideal Aarbechtsbedingunge mat kuerze Weeër ze hunn. All dës Ustrengeunge goufe gemat well dës Majoritéit scho säit dem Ufank vun den Diskussiounen ronderëm d'Frichen op der Schmelz hir Hausaufgabe gemat huet, net sou wéi dat lo duerch d'Oppositioun hei duergestallt ginn ass, vun der CSV, an d'Zil net aus den Ae verluer huet. Schlussendlech sinn déi belount ginn, well et ageliicht huet, dass dës Quartier perfekt wier, well och d'Ubannung un de Centre national de l'audio-visuel, den CNA, duerchaus Sënn mécht. De Projet ass niddergeschriwwen ginn am Koalitiounsvertrag fir 2018 bis 2023. Émsou méi si mir lo als Diddelenger enttäuscht, dass eis Viraarbecht an eis Investissementer - well där sinn och scho vill gemat ginn doropshin - net berécksiichtegt ginn an déi Zouséi déi bestanen hat, elo net méi agehale gëtt. Schon 2005 gouf en Deal gemat, dass



Diddeleng en nationale Projet géif kréien als Lokomotiv fir den neie Quartier, deen op NeiSchmelz lo entsteet. En attraktiven an ökonomesch wichtege Unzéiungspunkt fir dass eng Dynamik entsteet, déi kreativ an nohaltege Aarbechtsplaze schaaft. Datt mir Diddelenger lo net frou sinn, dat ass kloer. An dass mir eis mat der Decisioun net zefridde ginn ass nach méi kloer. Et geet net, dass hei Versprieche net agehale ginn a mir eis elo esou ofspeise loossen. Et ass och eng Fro vu politescher Glafwierdegkeet. E Koalitiounsaccord ass net iergend e Wësch Pabeier. D'Bierger dobaussen an natierlech och d'Kommunalpolitiker déi sech an hirer Gemeng investéieren, musse sech op sou Decisiounen verlosse kënnen. Deemno ass hei besonnesch de Premier a senger Funktioun als Ministre des Communications an des Médias gefuerdert. Mee och als Premier selwer, well hien huet d'Kompetenz an d'Méiglechkeet, fir an dësem Dossier ze tranchéieren. Mir ënnerstëtzen dofir de Schäfferot an hirem Bestriewen, weiderhin Drock ze maachen an deem Dossier. Eisen 1. Choix ass a bleift der Filmindustrie hei zu Lëtzebuerg en neit Doheem ze ginn an engem beschtméiglechen Ëmfeld. Oder awer eng Kompensatioun ze kréie fir grad dee Projet, an zwar ee vun nationaler Wichtigkeet.

Datt Diddeleng hei sollt eidel ausgoen, dat dierfe mir eis net gefale loossen. A lo grad zu den Ausféierunge vun der CSV nach eng Kéier, also fir dat Ganzt ze resuméieren, wat eis lo hei net gefall huet, dat ass dee Mimimi vun der CSV, genau dat. Well si sinn einfach nëmmen traureg dass si net am Schäfferot setzen. Jo, mee dat ass et awer. En Résumé ass et dat. All Kéiers wann dann d'Wuert fält „im stillen Kämmerlein“, dann ass dat domadder gemengt. Wann de Schäfferot seng Aarbecht mécht, als Schäfferot, da gëtt e kritiséiert. Wann en déi ganzen Zäit a Reuniounen geet a mat de Ministère, mat den Administratiounen, da kritt en dat lo virgeworf well en d'Oppositioun vläicht net direkt mathëlt. Also et ass alles fir d'Zeile voll ze kréien herno am Rapport den herno verëffentlecht gëtt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Martine Bodry-Kohn. Den Här Garcia.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech versichen d'Diskussioun e bësse vun deem emotionalen, lokal-nationalisteschen Niveau erofzekeréien a vläicht einfach e puer Elementer eranzebréngen. Mir feelen e puer Elementer well ech hu versicht, d'Leit ze kontaktéieren an do kritt ee ganz contradictoire Explikatiounen fir déi doten Decisioun an ech reservéieren mir nach vläicht eng méi profund Analyse fir en anere Conseil communal. Ech hunn awer hei den Text vum Accord de Coalition, an ech weess nach firwat dass dee sou formuléiert ginn ass, méi virsiichteg formuléiert ginn ass, well deemools

och keen, tëscht deenen dräi Parteien, keen Accord bestanen huet fir op Diddeleng dat an dat ze maachen. D'autant plus wou de Mechanismus vu Kompensatioun, den ugeschwat ginn ass aus dem Joer 2005 jo nëmme ka funktionéieren wann ëffentlech Träger exklusiv concernéiert sinn, wéi zum Beispill en Rehazenter, e Labo oder iergend eppes anescht. An do kann ee jo net duerch eng Kompensatiounsmoossnam en deelweis privatiséierte Secteur forcéieren, op e Lieu ze kréien. Dofir ass et och am Koalitiounsaccord méi virsiichteg formuléiert, ech zitieren: „Le concept d'un projet cinématographique créatif à Dudelange Fonderie“. De Mann, deen dat geschriwwen huet, hie wusst net dass et géif NeiSchmelz heeschen, „au sein de l'acierie existante, sera soutenu dans le cadre d'un partenariat public-privé entre l'Etat, la commune et les sociétés de production et postproduction, ce projet offrant l'occasion d'utiliser une ancienne friche industrielle à des fins créatives“. Wat heescht do dat Wuert „soutenu“? Dat ass scho vun enger gewëssener Bord, ass schonn do relativéiert ginn? An dofir war den Ausgang hei nach ëmmer e bëssen oppen iwwer déi Décision gouvernementale. Ech sinn awer och selwer erstaunt an d'Madamm Kayser, wa se Recht huet, huet se och Recht, iwwer déi 22 Milliounen. Dat ass déi 1. Kéier dass ech sou eppes héieren a mir hunn awer och selwer als Gréng souwuel um nationalen Niveau wéi och op kommunalen Niveau de Projet vun engem Filmstudio ëmmer ënnerstëtzt an dovunner wusst ech mol zum Beispill näischt.

Par contre, gruewen ech elo an d'Mottenkiste vun der Geschicht fir e kleng Complement zu dem Historique vum Buergermeeschter ze ginn. Ech hu mir nämlech d'Fro gestallt, firwat ass d'Filmindustrie intresséiert gewiescht, op Diddeleng ze kommen? Well deemools gouf en den CNA jo op deem Emplacement och nach net an Diddeleng huet zwar vill Attraktiounen, mee ech weess net firwat se lo benzeg war, fir op Diddeleng ze kommen. An zweetens ware si lo nach intresséiert un der Stolwierkschal. 2007 huet d'Filmindustrie mech, a menger Funktioun als Coordinateur vum Lëtzebuerg 2007 kontaktéiert. „Hei du hues hei eng ganz flott Hal a mir sinn intresséiert, well nämlech dat ass eng Hal déi sou héich ass, domadder kéinte mir eng Exklusivitéit an der Filmindustrie an Europa hunn. Well déi meescht Filmstudioe si vill méi niddereg a wann et da sou Produktiounen à la Spiderman, ech weess net wat, ginn, da kënnen se do auslännesch Investisseure bezéiungsweis Producteuren ulackelen.“ A mir hunn dann och Entrevueë gemat mam deemolege Kulturminister a jiddweree war total begeeschtert a si haten och schon den éischten Devis fir den Daach ze reparéieren... 6 Milliounen, an déi deemoleg Kulturministesch huet da fir de Budget 2009 6 Milliounen virgesinn. Den éischte Kredit fir dat Ganzt an d'Rullen ze kréien. Dat ass jo immens wichteg dass een



net direkt sou e Projet, en décke Batz dohinner sëtzt, mee dass een dat un d'Rulle kritt. Do huet se dann de Budget vum Staat agesat an dunn, wéi si eng Entrevue hat mat der Filmindustrie, huet se da gesot: „Majo, mir hu jo scho 6 Milliounen“. An dunn huet d'Filmindustrie gesot: „Jo neen, déi sinn awer net méi am Budget“, an dunn huet dann déi Kulturministesch deemools misse feststellen, dass hir Parteikollegen an de Finanzministère a Medieministère ouni hiert Wëssen de Kredit vu 6 Milliounen aus dem Projet erausgeholl hunn. Dat si sou kleng Detailer, déi muss een der CSV awer och virun Aen halen, dass deemools och keng sou eng grouss Begeeschterung war bei der Regierung fir de Projet ze maachen. Just dat fir eng kleng Nuance eranzebréngen. All déi Efforten déi jo an der Tëschenzäit gemat si ginn hu mir alleguerten sou beobacht, awer mir sinn effektiv, dat muss een zouginn, do huet d'Madame Kayser Recht, eigentlech ni sou richtig informéiert ginn.

Ech wollt awer vläicht eppes, eng Piste ginn, well ech selwer eng Zäit laang am Conseil d'administration vum Filmfong war. Un der Schnëttstell tëschent der Privatindustrie an dem Filmfong dee ganz vill Sue gëtt, gouf et ëmmer scho Konflikter. Dat heescht d'Filmproduzenten hunn ëmmer gesot: „Mir hätte gären en Maximum u Sue fir d'Filmer selwer“, wat jo och ganz legitim war, an alles wat connexe ass wëlle mir net iwwer de Filmfong finanziéiere loossen, mee entweder finanziéiere mir et selwer oder mir hätte gären op en anere Poste budgétaire Suen. An deemools wéi dann den Diddelenger Projet net realiséiert ginn ass, si si jo déi éischt gewiescht, déi direkt op Kielen hiren eegene Projet gemat hunn. An ech stelle mir elo d'Fro, ob et lo nach ëmmer sou ass, ob d'Filmindustrie nach intresséiert ass op Diddeleng ze kommen, d'autant plus wou an engem virleschten Architekturplang hei op eemol d'Hal jo fort war. An ech hunn och Leit vum Film dunn interrogéiert: „Firwat wëllt dir lo en anere Projet?“ – „Jo dat ass net méi sou wichtig, mir hätte gären éischter nei Gebailechkeeten“. Voilà. An ech supposéieren dass iergendwann eng Kéier dunn de Staat gesot huet: „Jo okay, dat gëtt, dir hutt jo är Studioe schonn, et gëtt e Faass ouni Buedem“, also wéi gesot, ech kann nëmme supposéieren, ech hoffen am nächste Gemengerot huet jiddweree vun eis e bësse méi Informatioun. Wéi gi mir lo weider? Ech menge mir si jo alleguerten d'accord dass mir gären eng Filmindustrie hätten an da musse mir einfach kucken, gëtt et en Ersatz? Well d'Filmindustrie ass och e bessen e Mythos. Dat muss ee wëssen dass d'Filmstudioen eng, d'ass net wéi bei de Warner Brothers wou een da ka kucke goen. D'Filmstudioe si meeschtens en Espace clos wou keen erakënt. Do gëtt et da vläicht e Bistro, wou een da vläicht e Star oder Starlette ka bewonneren, mee u sech ass dat eng zouen Industrie. Also et ass e bësse wéi e Stolzwerk, wou d'Leit och fréier net erakomm sinn,

dat hat ech och deemools scho monéiert. An dat ass kee sou en Espace wéi lo zu Déifferdeng 1535 wou ee kann erantrëppelen an da geet een do d'Leit kucke wéi se schaffen a sou weider. Dat muss een och soen. An och déi Aarbechtsplaze sinn deelweis e bësse prekär. D'soll een net mengen do wiere 700 fix Aarbechtsplazen. Do ginn et Aarbechtsplazen déi sinn temporär a wann et eng Kris an der Filmindustrie gëtt, da sinn do Leit déi hu wierklech laang keng Aarbecht. An dat sinn déi Intermit-tents du spectacle bezéiungsweis Techniker. D'soll een dat och net lo sou als Mythos histellen.

Wéi kënnen mir wiederfuere? Ech denke schonn, mir musse jo och als Diddelenger net méi domm si wéi déi aner. Déi Argumentatioun déi de Schäfferot huet fir, wéi hutt dir dat lo genannt? 'Mimimi', ass net total falsch, déi soll een och utiliséieren. Ech fanne schonn d'soll ee lo eng Kéier soen: „Okay dir wëllt de Studio net heihinner bréngen, mee komm da maache mir eppes Anesches“. Mee ier een dat mécht, wier et vläicht net schlecht fir ze analyséieren, wéi eng aner Funktioun oder eng ähnlech Funktioun passt an de Quartier? Dee keng Nuisance fir d'Leit bréngt, deen e Lien ka maache mam CNA, an deen awer méi oppen ass wéi vläicht e Filmstudio. Ech denken do vläicht un nei audiovisuell Industrien, wéi Virtual Reality a sou weider, déi méi op klenge Strukturen operéieren. Ech mengen net dass do alles verluer ass, mee et wär vläicht net schlecht, am Kader vum dem Processus participatif, dee bei der NeiSchmelz jo amgaange war an deen ech lo net méi sou matkritt hunn a leschter Zäit. Dass een do vläicht kéint och mat der Bevëlkerung eng Kéier diskutéieren an och mat deenen Instanzen déi schonn um Terrain sinn, wéi den CNA? Wat kéint ee vläicht als Alternativ proposéieren? An dann effektiv bei der Regierung virstelleg ginn. Wat fir eng Alternativ, eng sënnavoll Alternativ, kéint een dann do proposéieren? An do géife mir als Opposition sous condition dass ee vläicht méi am Virfeld informéiert géif ginn, géife mir dat op alle Fall, de Schäfferot, doranner voll ënnerstëtzen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci dem Här Garcia. Den Här Jadin.

YVES JADIN (DÉI LÉNKI): Villmools Merci. Also ech ka mech allen Diskussiounen hei uschléissen, sief dat vun der CSV wou Saache sécherlech richtig sinn, vun de Grénge selbstverständlech an och vun der LSAP. Ech wëll awer just nach op verschidde Saachen agoen. Wann ee bedenkt, dass hei 2005 d'Schmelz zougemat ginn ass, wou da gesot gëtt „Et kënt eppes Neies heihinner fir nei Aarbechtsplazen“. Mir sinn 2019, ech géif mengen déi meeschte Leit wiere schonn an der Pensioun, also déi hu mat dësem Projet sécher net gehollef kritt. Dann, sou wéi dat hei geschitt, dat kënt mir sou vir, wéi dee-



mools de Rehazenter. Do ass och eppes versprach ginn an zwee Mol ass et hin an hier gaangen an do war en net hei, e war ewech. Dann nach, mir schwätzen hei vun 22 Milliounen. Wann dat ausschlaggebend ass dass de Projet mat 22 Milliounen ze deier ass, ech kann iech nëmme soen, 18 Milliounen kascht de Stadion elo méi an der Stad, mee et ass e Fussballstadion, an dat intres-séiert wéi et schéngt keen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Jadin. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Den 2. Volet vun der Modificatioun vum PAG betrëfft de COS am PAP NeiSchmelz-Süden, nodeems bekannt gouf, dass d'Regierung net un hirem Versprieche, déi national Film-industrie zu Diddeleng opzeschloen, festhält. Do fällt engem spontan en Titel vun engem Film vum Nicholas Ray an „...denn sie wissen nicht, was sie tun“. Den Dram vun engem wirtschaftlechen a kulturellen Opschwung vun deem neien Diddelenger Quartier a vun neien Aarbechtsplazen duerch d'Filmindustrie („vom Winde verweht“) ass domat ausgedreemt. Wat eis nach just vun der Filmzeen an deem Quartier bleibt ass e Restaurant mam Numm vun engem Film vum Federico Fellini „Amarcord“. Andéieenzegspannendapakend Filmer, déi weider zu Diddeleng gedréit wäerte ginn, sinn déi vun... eise Gemengeréit hei... Mee komme mer zréck op dee seriösen Deel vun eiser Modificatioun: Doduerch muss d'Densitéit vun de Wunneenheeten am PAP vun NeiSchmelz-Süden adaptéiert ginn. Nieft aneren Ännerungen, déi beim Iwwerschaffe vun eisem PAG bis elo agefouert goufen.

Eis Angscht ass awer, dass duerch d'Densificatioun vun der Bebauung d'Stolwierk deelweis oder ganz nach méi a Gefor kéint geroode wéi bis elo. Fir deem eng weider Affectatioun ze garantéieren, gëtt weiderhin no engem Ersatz-Projet vun nationaler Envergure gesicht. Deen niewebäi och kéint e Projet fir Esch 2022 bedeuten... Et misst eppes dodra kommen, wat et soss nach net am Land gëtt. Wat eng Bréck schléisst tëscht der Vergaangenheet an der Zukunft, wat eise Patrimoine oprechterhält an als „Lieu de mémoire“ fungéiert. Eppes, wat een elo scho kéint ufänken ze realiséieren ouni mussen ze waarden, bis NeiSchmelz fäerdeg ass. D'CSV huet sech Gedanke gemat a fir d'éischt geduecht un en Nationale Sidérurgie-Museum, deen den historesche Patrimoine vum Site a vum Stollwierk an Evidenz setzt. E Brochdeel vu Schmelz-Vestigen hu mer de Moment jo scho ronderem d'Wolkeschdaller Schoul gehort. Allerdings hu mer agesinn, dass de Belval fir sou e Projet éischter destinéiert ass, schonn eleng wéinst deem enorme Bestand vu gebauten Zäitzeien. Dunn ass eis d'Iddi komm fir en nationalen Eisebunns-

musée: D'Eisebunn war zanter den 1880er Joren den éischte Partner vun der Eisenindustrie an huet de wirtschaftlechen Opschwung eréicht erméiglecht. Deemools hunn d'Wilhelm-Lëtzebuerg- an d'Prinz-Heinrich-Bunn e ganz Netze vum Transportweeër tëscht de Lëtze-buerger Schmelzen a mam Ausland opgebaut.

Ech war a menger Stellungnam vum Mäerz 2018 schon op déi Eisebunns-Zäitzeie vum Diddelenger Wierk an op hiren Erhalt um Standuert Neischmelz agaangen. Dunn huet een eis gesot, dass virun e puer Wochen en Opruff um Fatzebok zirkuléiert wier, dass fir eist natio-nalt historescht Eisebunnsmaterial géif en neien Ënner-daach gesicht ginn. Vläch sollt een sech des Iddi emol duerch de Kapp goe loossen a bei Interessi lancéieren ...? Vläch rangéieren eis Iddien och ënnert déi – wéi den Här Spina sot – „Wischwaschi-a-Mickey-Mouse-Projeten“, mee dat waren emol Iddien, déi eis spontan komm sinn. Op jidde Fall sollt mer eis sou schnell wéi méiglech Gedanken iwwer den Erhalt an d'Affectatioun vum Stollwierk als net exklusiv Wunnengsléisung maachen. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Gangler fir är nei Iddien. Nach weider Stellungnamen? Dat schéngt net de Fall. Ech wéilt vläch eppes opgräife wat d'Madame Bodry-Kohn gesot huet. Et ass wichteg, dass mir als Stad Diddeleng net eidel ausginn. An ech hat mir awer geduet dass och d'Diskussiounen hei am Gemengerot anescht géife gefouert ginn. Well dat heiten awer och e Projet ass, deen en nationalen Enjeu huet um lokale Plang. A wann en um lokale Plang ëmgesat géif ginn, och en Impakt huet um nationale Plang. Dat heescht an déi zwou och deementspriedend Richtungen. An, bon, ech weess net wéi mir et sollen der Oppositioun gerecht maachen. Komme mir hei an de Gemengerot mat alle-guerten den Donnéeën déi mir hunn, mat alleguer den Hausaufgaben, déi mir konnte maachen, mat der ganzer Energie déi mir dragestach hunn, da kréie mir gesot dass mir eis Hausaufgaben net gemeet hunn. A wa mir just mat denen Informatioun heihinner kommen an dat soen, da kréie mir gesot d'sinn Elementer déi feelen. Macht är Hausaufgaben, gitt zréck a kommt dann zréck, wann dir alleguerten d'Donnéeën hutt. Also wéi mir et maachen, mierken ech, dass et hei net gutt ass.

Ech ka just soen, dass mir eis hei näischt virzwerfen hunn als Schäfferot. Mir hunn an deene leschte Jore mat ganz vill Energie probéiert, dësen Dossier hei op Diddeleng ze kréien, mir hu ganz vill Reunione gehat, wou mir verschidden Elementer hu misse klären. Och wann déi Decisioun lo sou hei gefall ass wéi se och gefall ass. An dofir mengen ech och ganz kloer e Projet Envergure nationale als Alternativ, mat deem kënne mir



och liewe wann d'Filmindustrie net op Diddeleng sollt kommen. Och mär, well hei gëtt jo anscheinend gesot „Ass mat der Filmindustrie geschwat ginn?“. Mir hätten net un dem Projet geschafft wa mir net mat der Filmindustrie geschwat hätten. Ech ka mir schlecht virstellen e Projet op Diddeleng ze brénge wa mir net mat der Filmindustrie geschwat hätten. A contrairement zu allem wat den Här Garcia gesot huet, ass en Interêt do. Et ass dat wat ech gesot kritt hunn. Vlächht hu mir da verschidde Sourcen. Schwéier ass och virstellbar, an ech ginn op dat an, wat d'Madame Kayser gesot huet, mir hunn hei déi Decisioun geholl, dass generell déi Gebailechkeeten op den Inventaire supplémentaire solle kommen. Si sinn drop, an da kënne se och net ofgerappt ginn. An och wa se net drop wäeren, wa se ofgerappt géife ginn, an där Hypothees misst de Minister nach ëmmer eng Geneemegung gi fir se ofzerappen. Wéi gesot, mir waren hei der Meenung, an de Kulturminister war jo demandeur dass d'Gebaier sollte klasséiert ginn. Ech mengen an deem Sënn ass dat absolut guer kee Problem. Bon, hei awer och den Uschäin ze ginn, Madamm Kayser, dass de Fonds du Logement och éischerter frou wär, Wunnengen ze maache wéi lo deen dote Projet ze realiséieren, och dat ass falsch. Well mir hu jo och Diskussiounen mam Fonds du Logement, mat deene Responsabele vum Fonds du Logement. An déi si grad sou kal getraff gi wéi d'Stad Diddeleng, wéi déi doten Decisioun komm ass. Well och déi waren an all deenen Diskussiounen déi mir hate mat deene verschiddenen Acteure mat dobäi. Déi waren eben och als Developpeur, wéi gesot hu mir déi net deementspriechend aussen vor gelooss, also mengen ech ass do net lwwerleeung Rekordwunnéngen ze maachen, sou wéi dat hei ugedeit gouf. Hei si mir an der Approche vun deenen 1000 Wunn-unitéiten, wéi gesot, déi kommen, an ech mengen dat wat den Här Gangler hei ugeschwat huet, ech wëll net deem lo virgräife wat herno an der Modification ponctuelle geschwat gëtt, well do kommen nach aner Acteuren heihinner déi eis duerch d'Modification ponctuelle durchféieren. Mee et ass net op alle Fall d'lwwerleeung hei méi Wunnengen ze maachen, wéi gesot, wéi et deementspriechend virgesinn ass.

Wa mir net de Lead geholl hätten als Gemeng, da géife mir haut déi Diskussioun hei net féieren, well mir och encouragéiert gi sinn déi doten Diskussiounen weiderzeféieren. Dofir hu mir se och weidergefouert. Natierlech kann een driwwer diskutéiere wéi d'Interpretatioun ass mat „sera soutenu“. Ech mengen ech war och bei Gespréicher mat dobäi, och sou wéi dir, Här Garcia, ech weess awer och dass eng ganz kloer Volontéit do war, mat aller Formulatioun déi ee ka fannen, d'Filmindustrie awer hei zu Diddeleng unzesidelen. An ech hat awer och gesot, natierlech hu Froe sech gestallt ronderëm d'Investissementer, ronderëm d'Gouvernance, mee et ass awer e

Projet politique dee seng Nidderschrëft fënnt an engem Koalitiounsaccord. A wann en net am Koalitiounsaccord dra wier, dann hätte mir dat jo verstanen. En ass awer dran, also ass et e Projet politique dee soll ëmgemat ginn. Nach muss ee kucken, ënnert wéi enger Aart a Weis en ëmgemat gëtt. Well wa mir ëm déi Wichtigkeet net ginn, an der Formulatioun deen en am Koalitiounsaccord huet, da kann ee jo e ganze Koup aner Saachen a Froe stellen, déi an deem Dokument sinn. Nach si se dran, nach mengen ech war d'Regierung hannert dem Projet. Bon, hei ze soen, ob mir net ze lues waren och säitens vun der CSV par Rapport zu dem dote Projet ... Ech wëll hei nach ganz kloer soen, et ass déi Regierung déi am Juli 2016, wéi den Transfert de propriété gemeet gouf, dass duerch déi Regierung endlech de Staat Proprietär gouf an e Fonds du Logement konnt developpéieren. Do virdrun, vun 2005 un, war Arcelor Proprietär. Hei ze soen, "Et ass eng verpasste Chance, et kann een net op engem Terrain plangen den engem net gehéiert". Dass do natierlech Acteuren déi e Besoin hunn op eng aner Plaz kucke ginn als Provisorium ass sécherlech verständlech, mee sou laang Arcelor Mittal Proprietär war, konnt net geplangt ginn. D'ailleurs hu mir déi Diskussioun och net hei am Gemengerot gefouert ronderëm eng Modification ponctuelle vum PAG, well mir déi net konnte virhuelen.

Well weder de Staat nach d'Gemeng Proprietär war vun den Terrainen. Dat ass réischt am Juli 2016, wou am Fong den Transfert gemeet gouf, an och konkret gouf, wou mir hei an dësem Gremium déi néideg Prozedure konnten aleeden, déi mir alleguerten deementspriechend och kennen. Natierlech gëtt gefrot: "Wat ass är lwwerleeung lo, wéi deen heite Projet weidergeet?". Ech wëll awer och vlächht ëmgedrëit soen, och hei huet de Staat eng Responsabilitéit. Mir hunn als politesch Responsabel hei an dëser Gemeng alles gemeet, fir déi heiten Diskussioun weiderzeféieren an och de Staat huet awer lo eng Responsabilitéit an d'Regierung, op d'Gemeng zrëckzekommen an ze kucke wéi deen dote Projet ëmgemat gëtt. Well contrairement zu deem awer - an d'muss een awer oppasse wat hei insinuéiert gëtt - an ech ka mech awer erënneren, well 2005 sinn ech fir d'éischt an de Schäfferot komm an hunn déi Diskussiounen do matkritt, do ass ëmmer rëm gesot ginn, dass déi doten Diskussiounen ronderëm d'NeiSchmelz, jo 2005 war, wéi ech an de Schäfferot komm sinn. D'Diskussiounen ronderëm d'Kompensatioun vun der Filmindustrie a vun der Aarbechtsplaz, dass déi op d'NeiSchmelz komme sollten, do ass och vun do un ni en Dementi komm. Et war ganz kloer an et war ni d'Diskussion, dass déi dote Kompensatioun op iergendenger anerer Plaz hei zu Diddeleng komme sollt. Ëmmer am Kader vum Projet NeiSchmelz. Also ech mengen dat ass och dat, wat an deene jeeweilegen Diskussiounen



a Reuniounen och ëmmer gesot gouf. Also dat heiten ass en Dossier, mir hu jo en Courrier gemeet, wou mir op alle Fall um Ball bleiwen. Natierlech kann een ëmmer nei aschätze wat de Projet kascht, do kann een ëmmer gedeelter Meenung sinn. Déi eng fannen et ze deier, déi aner net deier genuch, déi aner soen et ass okay sou. Also ech mengen, dass mir hei iwwerhaupt andeems eng Kasteschätzung gemeet hunn, iwwerhaupt mol Chifferen um Dësch haten, fir eng iwwerhaupt eng Diskussioun deementspriedend och kënnen ze féieren. Wéi gesot, mir loossen hei d'Regierung net aus der Responsabilitéit, mir hunn hinnen e Courrier adresséiert a mir wäerten och hinnen nach eng Kéier op de Bols fille par Rapport zu der Alternativ, e Projet vun nationaler Envergure, a wäerten och do natierlech hei den Gemengerot weider um Lafenden halen. Fir eis war et och wichteg, deen dote Schratt ze maachen, grad well et am Regierungsaccord war a grad well mir an der Situatioun sinn, wou mir lo och Prozedure maache ronderëm eng Modification ponctuelle vun engem PAG, respektiv awer och vun deene PAPen. An och do brauche mir als Gemeng eng Planungs-sécherheet. Dofir mengen ech war d'Bestriewung déi lescht Joren, déi Demarchen do ze maachen an nach eng Kéier ufanks dës Joers un d'Regierung runzetriete fir deementspriedend och do eng gewëssen Assurance ze kréien, och wann d'Decisioun effektiv lo anescht gefall ass. Also Fazit, mir wëllen hei net eidel ausgoen, mir wäerten do d'Regierung ganz kloer un déi Verspriede vun 2005 erënneren a kucken dass mir dann och en nationale Projet op Diddeleng kréien. Ech hu gesot mir géifen do kee Jota dru réckelen an da wäerte mir och deementspriedend esou dohannert bleiwen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Pardon, ech wollt nach just eng Zousazfro maachen. Ech hat virdru gefrot: „Wéi eng Argumenter krute mir dann an deem Bréif fir den Neen? Wat war dann dat Ausschlaggebend? Firwat hu se dann, ass d'Regierung da vun hirer Linn ofgaangen?“ A da wollt ech awer och nach kuerz soe vum Projet national si mir eis eens, dass mir lergendeppes mussen als Kompensatioun kréien. Mee ech denken en Acharnement thérapeutique, dat huet och kee Sënn. Wa mir lo näischt op d'NeiSchmelz kréie wat passt, dann denken ech musse mir och vläicht schonn e bësse weider denke wat geschitt wa mir dat net hunn. Ech fannen dat ass löblech, dass dir lo sot, dass mir alleguerten déi Gebailechkeete klasséiert hunn, dass dat ugeholl ginn ass.

Dat ass ganz berouegend, dat fanne mir och alleguerte gutt. Mee wéi gesot, en Acharnement thérapeutique, ze soen: „Hei lauschter, mir musse lo onbedéngt - Koste es was wolle - eppes op d'NeiSchmelz kréien“. Ech weess net op dat déi richteg Voie ass. Dofir nach eng Kéier meng Fro: Wéi eng Iddien hutt dir nach am

Hannerkapp oder wéi eng Iddien hutt dir schonn ënert lech geschwat? Firwat net och Mol eng Kéier dat schonn am Virfeld soen? A wann dir sot, mir wieren ëmmer rose wann dir eis är lwwerleeunge matdeelt. Dat hu mir nach ni gesot, au contraire, mir sinn dann ëmmer frou, well da kënnen mir e bësse mat diskutieren. Gell, also wéi gesot, mir sinn op fir matzegoen op all Richtung, fir dass mir awer zu Diddeleng e flotte Projet kréien. Mee nach eng Kéier d'Fro: Wéi eng Argumenter hat d'Regierung fir dass mir dee Projet do net kréien?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Also d'Argument vun der Regierung war deen, dass einfach de Projet ze deier fir si ass. Dofir hunn ech jo a mengen Ausféierunge gesot, d'hätt ee jo och eng Diskussioun kéinte féieren dass een de Projet nach eemol duerchkuckt, dass e vläicht och méi bëlle gëtt. Dass een en a Phasen ëmsetzt. Alles dat wier méiglech gewiescht. Mee déi Äntwert hu mir net kritt. Dat ass mol dat éischt, an zweetens ass et jo eng rezent Decisioun, dofir wëlle mir och natierlech mat der Regierung kucken ob een dat dote kann nach eemol op de Leescht huelen. A wann net, wat nach an deene jeeweilege Ministären déi hei concernéiert sinn oder anere Ministären, national Projekte sinn, déi mëttel- oder längerfristeg zu Diddeleng kënnen ugesidelt ginn. Vläicht ginn et do Projekten un déi mir lo direkt net denken, wou awer sécherlech déi verschidde Ministère méi no dru sinn. Wou mir effektiv dann am Dialog kënnen deementspriedend och kucken.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Entschëllegt, wann ech nach eng Kéier nofroen, wéi blockéiert dat heite lo eis Zäitschinn? Net?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Nee.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Et ass just de Projet Centre, deen dann e bëssen hypothekéiert ass, musse mir jo awer zouginn, dass ma do mussen awer e bëssen eis nei opstellen. Well de Projet Nord an Italien a souweider, dee gëtt jo guer net hypothekéiert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): D'gëtt net blockéiert well mir an der Partie Critère, an der Partie graphique vun de PAPen, respektiv vum PAG, deem Rechnung droen, dass eng Alternativ méiglech ass. Eben deem hu mir also Rechnung gedroen. Mir loossen eis do ëmmer Ouverture wa mol eng Decisioun géif falen, déi effektiv net dozou féiert, dass e Projet kann ëmgesat ginn. Dass een awer déi Latitude huet, fir sech net do d'Dier zouzemaachen an der Planung. Dat ass garantéiert. Voilà, dëst zu dem dote Volet, also mengen ech, ass dat en Dossier den eis nach weider



wäert beschäftegen. Soss nach weider Stellungnamen zu deenen anere Punkten? Wann dat net de Fall ass, géif ech hei d'Diskussioun mol an d'Kommunikatioun à ce stade zoumaachen a mam Ordre du jour weiderfueren. An da géife mir iwwergoe bei d'Circulatioun.

3. CIRCULATION

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Ech ginn dann elo dem Claudia d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):
Merci, da komme mir vun Hollywood op Diddeleng an d'Nordstrooss, an d'Kungselach an d'Rue de la Libération. Dir hutt et gesinn um Ordre du Jour, dass mir 3 Règlements d'Urgence hu musse guttheeschen. Dat lescht hutt Dir nogeschéckt kritt, well mir dat ganz spéit erakritt hunn.

3.1. CONFIRMATION D'UN RÈGLEMENT D'URGENCE TEMPORAIRE DE LA CIRCULATION – RUE DU NORD

Ech fänken der Rei no u wéi se do sinn, mam Punkt 3.1, d'Nordstrooss also. An der Nordstrooss ginn et Kraanarbechten op der Hausnummer 41, well do en Haus ofgerappt gëtt an en neit opgebaut gëtt. Dofir ass déi eng Spuer gespaart, de Verkéier geet iwwer d'Parkplaz niewendrun, esou dass den Trafic net ageschränkt ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci Claudia, Remarken dozou? Dann kënne mir do ofstëmmen, ass de Gemengerot averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

3.2. CONFIRMATION D'UN RÈGLEMENT D'URGENCE TEMPORAIRE DE LA CIRCULATION – RUE MATHIAS CUNGS

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):
Dat zweet ass d'Rue Cungs, dat ass d'Suite vum Chantier dee mir virum Congé collectif schonn haten, do ass d'Post weider amgaange Glasfaserkabeln ze verleeën.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Här Martini, Dir hutt d'Wuert.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci, firwat ass sou e Reglement wou d'Glasfaserkabele frëschgemaach ginn esou urgent? Mir wësse jo dass déi a ganz Diddeleng frëschgemaach ginn? Gëtt do geplangt oder ruffen déi 2 Woche virun u fir ze soen, mir kommen elo?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Neen, u sech ass et sou, dass si eis nom Congé collectif ge-

sot hunn, dass se géife weidermaachen an am 1. Dénge stoung net dran, dass et 'jusqu' à la fin des travaux' ass. Hätte mir dat dra geschriwwen, dann hätte se sou kënne weiderfueren, mä si haten eis keng Zäitschinn gesot, dofir si mir dovunner ausgaangen, si wieren domadder fäerdeg an dofir maache mir en neit Reglement fir dass se kënne weiderfueren. Wat Planungen ubelaangt vun der Post, si kucke virun allem do wou aner Chantiere sinn, sief et wou mir oprappen oder wou d'Gemeinschaftsantenn oprappt, do kucken si virun allem mol do matzemaachen, fir dass se net vu sech aus musse Stroossen oprappen. Mä dat ass och net ëmmer ginn, dat heescht wa si Quartiere wëlle matenee verbannen, wou op verschiddene Plaze Leitunge leien an op anerer net, da froe si eis an déi aner Acteuren, wéi Gemeinschaftsantenn oder Creos, ob mir do wëlle matmaachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci Claudia, Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci, dat heescht wa mir dat Reglement do stëmmen, kann een dann do kuerzfristeg soen, mir änneren eppes drun? Well wéi de Problem an der Gafelt war, do hu mir gestëmmt a finalement hätt een de ganze Stau kënne evitéiere wann een d'Prioritéit geännert hätt, wann een den anere Wee duerch d'Gafelt gefuer wier, da wier de ganze Stau vun 4 - 6 net néideg gewiescht, ass dat méiglech?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):
Mir schwätzen elo hei net iwwer d'Gafelt, ech soen iech just, mär hunn d'Gafelt an 3 Vakanze geluecht, mir hunn de Chantier an 3-4 Kéieren opgedeelt, fir de Problem sou minimal wéi méiglech ze halen. Ech mengen do wou 'gehobelt wird da fallen auch Späne'. Déi Leitunge musse geluecht ginn, och wann dat heiansdo mat Verkéiersproblemer zesummenhängt. Dofir probéiere mir alles wat grouss Stroossen sinn an d'Vakanz ze leeën. Mir haten d'Ouschtervakanz, mir haten d'Päischtvakanz, mir haten e verlängerte Weekend virum Congé collectif an nom Congé collectif, well mir woussten dass dat e Rischantier war. Bei Hauptstroosse bleift de Verkéierschaos net aus. Mir kucken ëmmer am Virfeld wéi de Chantier am beschte gereegelt ass, well heiansdo, ech soen et elo mol polemisch, all Autosfuerer mengt hie wier e Verkéiersexpert. Dat ass awer leider net esou.

Wann een e Chantier plangt, muss een op vill Saachen oppassen. Vlächet soe mir jo ok, et wier besser gewiescht, deen anere Wee duerchzufueren, mä do ass eng Kéier, wou de Müllwon an d'Pompjeeën net duerchkéimen, wou de Linnebus net géif duerchkéimen. Alles dat muss gekuckt ginn. Do setze mir eis mat all den Acteuren zesumme fir de Planning esou ze maachen, fir am mannsten, an ech



betounen, am mannste Verkéiersproblemer ze kreéieren. An dofir ass de Chantier esou gemaach gi wéi en gemaach ginn ass. Wat awer e Problem ass, ass dass gläichzäiteg de 'Shared Space' amgaangen ass an dass elo alles duerch d'Rue de l'Etang gefuer ass. Et war awer net méiglech. Wa mir elo gesot hätten: 'ok, déi do 2 Woche maacht Dir net méi', da wier alles leie bliwwen bis allerfréistens Ouschteren, wann da gutt Wieder gewiescht wier, oder bis virum Congé collectif, well de Chantier huet 2 Woche gedauert. Dat zu der Erklärung firwat d'Gafelt esou ass, wéi se ass, a wéi mir déi Chantieren alleguer esou musse plange wéi mir se plangen. A mir plangen net nëmmen 1 Chantier. Wa mir Cungs oprappe gëtt vläicht gläichzäiteg vläicht 500m mäi wäit opgerappt, an da mussen och déi Leit um Dësch setzen, fir dass mir net am Quartier nach Chaos kreéieren. Dat als Erklärung firwat d'Saachen net esou lafe wéi se lafen, ouni dass se eis gefalen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, komme mir op d'Cungsstross zeréck. Wien ass mat dem Verkéiersreglement averstanen? Merci, **dat ass unanime**. da gi mir an d'Rue de la Libération.

3.3. CONFIRMATION D'UN RÈGLEMENT D'URGENCE TEMPORAIRE DE LA CIRCULATION - RUE DE LA LIBÉRATION

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Och do ginn Haiser ofgerappt, si hu gëschter ugefaangen an brauchen 1 Mount. Dat huet keen Afloss op de Verkéier, vu dass déi Haiser an enger paralleler Gaass leien an dat Eenzezt wat mir maache mussen, ass d'Foussgänger op deen aneren Trottoir ëmleeden.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, wien ass averstanen? **Dat ass unanime**. Merci.

4. FINANCES COMMUNALES

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir op d'Gemegefinanzen.

4.1. MODIFICATION À APPORTER AU CHAPITRE XX-VIII – VENTE D'IMPRIMÉS, DE DOCUMENTS AUDIO ET VIDÉO COMMUNAUX – DU RÈGLEMENT-TAXES GÉNÉRAL

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Do hu mir hei d'Propos, Dir hutt dat jo och all matkritt, an och als Conseilleren d'Invitatioun kritt fir de Vernissage vum Dominique Lang. An deem Kontext gëtt och e Buch editéiert, Dominique Lang et son époque, dat ass am Fong e Buch mat enger rei Contributiounen

iwwert dem Dominique Lang seng Wierker. Niewent dem Vernissage ass eng Konferenz virgesi ronderëm d'Retrospektiv vum Doud vum Dominique Lang, an dat Buch wëlle mir och verkafen. Do ass d'Propos fir de Präis op 30 € ze leeë fir de Verkaf, z.B. an der Bibliothék. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime**. Merci.

4.2. APPROBATION DU DEVIS RELATIF À LA MISE EN CONFORMITÉ DU RÉSEAU ÉLECTRIQUE DE LA PLACE FOHRMANN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir weider op d'Fohrmannsplatz, do hu mir en Devis virleie vun 100.000€. Dat ass am Kader vun der Exekutioun vum Budget, do geet et drëm, den elektresche Reseau op der Fohrmannsplatz ze verstärken. Dat ass d'Creos déi déi Aarbechte maachen. Et ass virun allem geduecht am Kader vun der Kiermes. Do ass net méi genuch Jus do, wéi eis Servicer dat erkläert hunn an dofir hunn déi Aarbechte misse gemaach ginn, fir dass mir och kee gréisseren Incident op der Kiermes hunn, net dass dann d'Leit um Riserad hänke bleiwen. Ass de Gemengerot mat dem Devis averstanen?

Dat ass unanime. Merci.

4.3. APPROBATION DE LA DÉCLARATION DE RECETTES NON-RÉGLEMENTÉES DE L'EXERCICE BUDGÉTAIRE 2018

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir zu de „Recettes non-réglémentées“. Dat si jo déi Recetten déi mir net am Budget hunn, déi awer am Laf vum Joer erakommen, an déi baséieren sech op de Kont vum Joer 2018. Dat ass e Montant vun 121.500,97€ déi an eis ordinär Recettë fléissen, dat ass virun allem Remboursement vun de Frais de Publication, Enquête Kommodo an Inkommodo, dat ass ëmmer de Volet dee mir prefinanzéieren. Dann hu mir déi ronn 8.900€ Remboursement vun den Assurancë wann eemol Accidenter waren, wou aner en cause waren. Dann awer och d'Recetten iwwert eis Fotovoltaik-Anlagen déi mir hunn, déi schloe mat 26.409,49€ zu Buch. An de Sponsoring, am Kader vun eise Manifestatiounen, do ass d'Fête de la Musique, 15.000€. Dat sinn déi Haaptelementer déi een eraushiewe ka bei deene Recettes non-réglémentées.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, ech hunn effektiv e puer Froen, déi 8.900€ fir d'Crèchen, dat kënnt mir awer bësse vill fir den Accidenter. Mir hunn dee selwechte Montant bei den Ateliers et Garages Communaux a bei de Schoulen. War dat dann net wéi d'Deicher Schoul, wéi do de Problem mam Plaffong war? Sinn dat net déi Saachen? Well souvill Accidenter hoffen ech dass mir net an eise Crèchen hunn.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Also Crèche, dat war eng Waasserfuite déi mir haten an de Minettsdepp. Dat ass doduerch, wou och d'Assurance mat agesprongen ass. D'ass dat. Net dass do Accidenter waren.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ah ok. An d'Schoul, war dat dann Deich oder wat hate mir do nach gehat?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dat war méi laang hier, dat kann ech nofroen da soen ech iech dat.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ok, an da wollt ech nach nofroen mat der Recette vun de Fotovoltaik-Installatiounen, wéi ass et do? Ech hunn do net d'Zäit gehat fir dat nozekucke mat de Jore virdrun. Ass dat ëmmer stabel? Ass dat ëmmer d'selwecht? Et gouf een Ament gesot, dat géif ëmmer manner ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Also déi läscht 2 Joer hate mir eng zimmlech héich Recette. Déi Jore virdrun manner, mee déi läscht 2 Joer si se zimmlech héich. Do ware se iwwer 20.000€.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ok gutt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ok, sidd Dir averstanen, dass mir déi Recetten zou eis huelen? Merci, **dat ass dann och unanime.**

4.4. APPROBATION DE L'ÉTAT DES RECETTES RESTANT À RECOUVRER À LA CLÔTURE DE L'EXERCICE BUDGÉTAIRE 2018

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da kommen mir alle Jahre wieder och hei op d'Restanten eriwuer. Dat si jo am Fong déi Suen, déi Recetten, déi nach opstinn, also vu Schëldner vis-à-vis vun der Gemeng. Dat si souwuel 'Personnes physiques', als Diddelenger Bierger, wéi och 'Personnes morales'. Begréissen do och eise Receveur, de Gilbert Loos an eise Reien, deen och do d'Charge huet, mat der néideger Verve fir déi néideg Poursuitten ze maache wann d'Leit net bezuelen. Dat heite baséiert sech op den Kont vun 2018. An am Fong ass hei bei de 'Restanten', den Total an enger Héicht vun 1.340.162,41€, dovun an der 'Reprise provisoire' 1.244.180,14€. Dat ass déi, déi solle poursuivéiert ginn an de Receveur proposéiert en Decharge 95.985,27€ ze ginn. Dat si Leit oder Faillitte wou mir net méi un d'Sue kommen an dee Montant hei vun 1.244.180,14€ ass fir dem Receveur d'Auto-risatioun ze ginn, dass hien déi néideg Poursuite kann aleeden, fir déi Suen ze kréien. Et muss een awer soen, wann ee vergläicht mat engem Joer virdrun,

dass mir ëm 30.000€ erofgaange sinn, an natierlech sinn déi Haaptrecettë de nach opstinn, virun allem Déngschtleeschungen déi d'Gemeng ubitt. Dat ass engersäits de Müll, d'Waasser an de Kanal, awer och d'Maison Relaisen. Dat sinn déi 3 déi een hei ervirhiewe kann. Et ass awer och sou, dass mir déi néideg Poursuitten maachen, dat sinn ëm déi 520 Ordonnance de Paiement, déi geholl goufen, 41 Saisien déi do sinn, 151 Dossiere si beim Huissier.

Also gesäit een, dass do de Service hannendrun ass. Mee mir hunn och schonn, ouni lo hei déi Diskussiounen ze beaflossen, déi nach kommen, mir hunn och schonn Diskussioun gehat, dass mir eis d'nächst Joer d'Personal musse verstärke fir do méi Sue kënnen anzedreiwen. Et gesäit ee vu Joer zu Joer dass et erofgeet, mee et geet net schnell genuch. Mir mengen dass mir de Service mat enger zousätzlecher Persoun musse verstärken, well niewent de Rappellen déi mir maachen, wann een och déi néideg Poursuite wëll maachen, muss ee ganz Dossiere montéieren. Dat ass och eng Sisyphearbecht, déi awer net onwichtig ass fir dass ee kann déi néideg Resultater kréien. Et hält immens vill Zäit an Usproch, mee wéi gesot, dat ass dann am Kader vum Budget 2020. Mee et mierkt een awer, dass mir hei eng Zäit ganz gutt de Restant erof gaangen ass, an do mussen mir nach eemol dohannert goe fir déi Suen kënnen weider anzedreiwen. Froen dozou? Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, et war mir opgefall do sinn och vill privat Leit dobäi, déi ganz schrecklech vill Scholden hunn, déi se net bezuele kënnen. Déi a ganz prekäre Situatiounen sinn. Lo froen ech mech wann déi Leit en Dossier beim Office Social hunn, kann et do virkommen dass do decidéiert gëtt, fir eng Decharge ze ginn, oder gëtt beim Office Social gekuckt dass si alles rembourséiere wat se schëlleg sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Also ech schwätzen elo net fir den Office social, mee den Office social ka keng Decharge gi par Rapport zu de Montanten déi opstinn, dat ka just de Receveur maachen, respektiv dem Gemengerot proposéieren a mir suivéieren hien. Ech ka vläicht hei dem Gilbert Loos d'Wuert ginn och nach. Et sinn awer och Leit déi hei bei eis als Schëldner sinn, déi och beim Office social sinn.

GILBERT LOOS (RECEVEUR COMMUNAL): Jo also déi Leit, déi bei den Office social ginn, do ass et héchstens esou dass den Office social e Secours ubitt, non remboursable. Mee déi meescht sinn an deem Fall., et sinn der vläicht mol dobäi, déi e Secours remboursable kréien, mee déi ganz déck Montanten, déi sinn do net



mat dran. Et ass net um Office social fir ze soen, hei déi brauch een net ze poursuivéieren.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, ech wollt eng méi allgemeng Prise de position fir d'CSV huelen. Dir hat gesot, den Historique brauche mir net méi ze maache vum Restanten Etat. Dat war gewaltig an d'Luucht gaangen, do huet déi néideg Rigueur gefeelt, mir waren op alle Bänke sécher dass mir schonn eng Persoun agestellt hunn, dat war viru 7- 8 Joer. 2011 hu mir schonn eng Persoun agestellt, a mir sinn der Meinung dass Leit déi Abus dréiwen, dass dat muss poursuiviéiert ginn, dat ass och net haarthäerzeg well mir hunn en Office social, dee jidderengem eng Méiglechkeet bitt, fir temporairement e Problem ze iwwerbrécken, de ganz human schafft an de Leit eng Gestoun vun hirem Revenu proposéiert. Mee et ass nach ëmmer sou, dass d'Leit müssen do matmaachen, an heiansdo ass dat net méiglech, dann 'erzeugt Druck Wärme und Wärme erzeugt Behaglichkeit'. Do muss een en Ordre de Paiement maachen, eng Saisie. Mir si voll a ganz domadder averstanen, dass mir och op dee Wee ginn, well et ass net nëmmen deen Eenzelen, deen denkt 'egal wat', e schiedegt der Gemeng – Neen - e schiedegt der Allgemengheet. Well dat si Suen déi eis am Budget feelen, an dofir si mir voll an ganz domadder averstanen, dass déi Pursuitten an de Wee dee mir ageschloen hunn, dass mir dee weidervollelegen, an och wa mir do musse Personal weider opstocken an dem Service, dat ass sécher e Poste wou d'CSV wäert matstëmme.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, weider Stellungnamen? Madamm Goergen.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci, ech hat nach ni gemierkt, dass do géif eng rout Luucht ugoen. Ech géif dann och just e puer Wieder am Numm vun de Gréngen zu dem leidegen, traurege Kapitel vun de Restante soen. Et bleift e grouss Montant, mat deenen 1,3 Milliounen, deen zwar elo net wäit an d'Luucht gaangen ass par Rapport zum leschte Joer. Deen ass zimmlech genau d'selwecht bliwwen, an et misst een et jo am Fong geholl och kucke par Rapport zu den Awunner, an déi Zuel ass jo erop gaangen, da kann een dat e bësse positiv gesinn. Et kann een och noliessen, wéi eng Leit oder Entitéite Scholde bei der Gemeng hunn. Dat sinn dann eben déi 2 Kategorien, d'Entreprises, kleng oder grouss, déi Faillite maachen oder et och anescht net kënne bezuelen. An dann d'Privatleit déi d'Taxen net bezuele kënnen oder wëllen, an do ass dann dës Kéier alles wat mat de Waasserleitungen zesummenhängt, Ofwasser asw. Dann de Beitrag vun der Maison relais a souguer d'Grundsteier, obwuel déi bei eis jo net ganz héich ass. Wou een dann och gesäit, dass et net drun hält dass d'Leit net genuch Suen hunn, mee dorunner

dass d'Leit net ëmmer gudde Wëlle weisen. Do kann ee sech dann och froen, ob d'Gemeng de Consommateure misst entgéintkomme mat der Verdeelung vun de Rechnungen iwwert d'Joer. Ech hunn awer den Androck dass dat gutt verdeelt war.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dir kritt et jo mat, Dir kritt jo och d'Rechnungen...

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG):

Majo wéi gesot, ech hunn den Androck dass dat gutt verdeelt ass, natierlech falen awer och heiansdo Rechnungen an d'Konten, och ebe vu Gasrechnungen, déi e bësse méi héich sinn, zesummen. A fir Leit déi da knapp bei Keess sinn, kann dat problematesch ginn. Et ass mir awer dëst Joer opgefall dass de Montant vun den Dechargen, de Verzicht op d'Zommen, dass dee méi héich ausgefall ass wéi d'lescht Joer, an ech wollt froen, ob et dofir e Grund gëtt. Ansonste wollt mir eisen Accord ginn an mir wollten och soen, dass mir den Här Loos weider moralesch ënnerstëtze bei deene Suen, déi hie muss andreiwen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Goergen. Weider Stellungnamen? Ok, dann ginn ech d'Wuert un den Här Loos.

GILBERT LOOS (RECEVEUR COMMUNAL): Jo, also bei den Dechargen ass eng Positioun besonnesch. Et ass eng Privatpersoun, déi ganz héich Scholde bei der Gemeng hat. Ëm déi 40.000€, iwwer Joerzénge. Deen ass awer elo entretemps 'rayé d'office'. Et war beim Dierwiechter an alles, mee duer 'Déguerpissement' ass en elo 'rayé d'office', An dofir hunn ech en elo an d'Decharge gehäit. Dat mécht dee Montant natierlech nach méi grouss. Mee soss sinn et awer normal 'Rayé d'officen', d'sinn och 'Faillite clôturée'. Sinn net Faillitten einfach nëmmen, et ass wann d'Faillite clôturiéiert ass, soss ginn ech se net an d'Decharge eran.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Gilbert Loos fir d'Erklärung. Just nach kuerz, wa Faillite sinn, da si mir net déi 1. déi d'Fangeren ausstrecken, mee do si vill anerer, wéi dat sou oft de Fall ass. An an der Echelle vun de ganze Prioritéiten si mir éischter ënne wéi uewen. Dëst gesot, ass de Gemeengrot domadder averstanen, dass mir hei eisem Receveur gréng Luucht gi fir weider ze poursuivéieren?

Dat ass unanime. Merci.



4.5. APPROBATION DES MODIFICATIONS À APPORTER AU BUDGET ORDINAIRE DE L'EXERCICE 2019

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir op den nächste Punkt riwwer, dat ass d'Liste modificative, engersäits sinn dat déi Recetten am Laf vum Joer déi méi erakommen, respektiv déi méi nei Depensen am ordinäre Beräich. Do hu mir engersäits nei Recetten, 280.000€ an nei Depensen 277.000€, sou dass mir kleng Surplus vun 3.000.- € hunn, virun allem bei de Recetten ass et d'Participatioun bei de Coursé vun der Museksschoul a bei den Depensen, d'Formatioun fir d'Gemengepersonal well mir nei Reegelen hu fir d'Ressources Humaines, do sinn och Entretienfrais déi eis Ateliere brauchen, respektiv dobaussen, wann d'Gemengebetreiber am Asaz sinn. Dann awer och Hygièneproduite fir d'Minettsdepp an d'Nuddelfabrik, vu dass mir déi iwwerholl hunn. Dann awer och d'Locatioun vum Bus, well mir nach ëmmer op den neie Schoulbus gewaart hunn. Déi Zäit hu mir missen e Schoulbus lounen. An och déi Decisioun, déi mir am leschte Gemengerot geholl hunn, dat ass d'Indemnitéit vum Bildungshaus. Dat zu den Explikatiounen wat déi verschidde Positiounen ugeet. D'Diskussioun ass ob. Madamm Goergen.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG) : Jo, Merci. Ech hunn eng Fro, et ass en Montant deen zwar net vill opfällt, mee ech wollt awer eng Explikatioun dofir. Dat ass déi 'Fournitures pour entretiens de plaines de jeux'. Dat geet mat 45.000€ un an, da kënnt 20.000€ méi, fir dann op 65.000€ ze kommen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Jo, dat huet einfach domadder ze dinn, z.B. wann ee Spill futti firt, oder mir mussen et ersetzen. Déi Previsioun hu mir net onbedéngt am Budget, wann dann en Stéck ersat gëtt, maache mir dat, dofir musse mir iwwert den ordinäre Budget noschéissen. Weider Froen? Solle mir dann iwwert déi Liste modificative ofstëmmen?

Dat ass unanime. Merci.

4.6. FIXATION DU TAUX DE L'IMPÔT COMMERCIAL POUR L'ANNÉE 2020

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da fuere mir weider. Gewerbesteier. Mir mussen déi jo ëmmer fixéiere fir d'Joer drop. Dat heescht, fir 2019. Do ass d'Propos dass mir bei 350% bleiwen, dat ass deen Taux dee mir säi Joren hunn. Minimum sinn et der 220, Maximum 350 et si Maximum 350 an hei ass d'Propos, dass mir beim aktuellen Taux bleiwen. Ass den Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

4.7. FIXATION DES TAUX COMMUNAUX EN MATIÈRE D'IMPÔT FONCIER POUR L'ANNÉE 2020

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da geet et weider mam Impôt foncier 2020. Do ass d'Propos dass mir bei de besteeënden Taux bleiwen, Kategorie A ass alles wat Agrarland ass, dat si 500%. De B1 ass alles wat Industrie an Konstruktioneen oder Commerce an Konstruktioneen ass, dat sinn 750%, B2 ass den 'Usage mixte' 500%, 'Autres Usage' B3 250%. 'Maison Unifamiliale' Bei 250%. 'Immeubles non Bâties' oder 'Terrains d'Habitation' 500 an och de B6 bei 600. Och do bleiwe mir d'selwecht. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

4.8. APPROBATION DE DÉCOMPTES

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir weider bei d'Dekonten. Dat sinn der ganzer 17 Stéck. Fänken da mat deem éischten un: Dat ass Reamenagement vum Park beim Lycée Nic-Biever. Dat war en Devis vun 1.243.000€ an d'Dépense effective ass 1.244.754,43€, dat war 2016-2017-2018. Da verschidde Stroosseraclarage wou gemaach ginn ass, dat war en Devis vu 650.000€. D'Dépense war 649.656,89€ - dat war 2016- 2019. Dann e Camion fir eis Gärtnerbetreiber, dat war en Devis vun 100.000€, Dépense vun 98.982€ am Joer 2018. Foyer Diddelfamill. Do hu mir Heizungen a Sanitären ersat. Dat war en Devis vun 18.000€ an d'Dépense war 17.680,40€. Dann hu mir missen de Saltosystem adaptéieren, dat sinn déi Schlüsselen déi mir hunn. Dat war en Devis vu 15.000€ an d'Dépense 14.168,53€. Dann ass d'Plaz virum Centre sportif René Hartmann, hannendru jo frëschgemaach ginn. Dat war en Devis vun 135.000€ an d'Dépense 121.795,30€. Dat war 2018. Dann hate mir d'Acquisitioun gemaach vun engem Apparat fir Gasfuitten ze detektéieren. Dat war en Devis vu 15.000€ an d'Dépense ware 14.846,11€. An an där selwechter Logik en Apparat fir Waasserfuitten ze detektéieren. Dat waren och 15.000€ an d'Dépense 14.859€. Dann an der Schoul Baltzing, do hu mir d'Fassad frëschgemaach. Dat war en Devis vu 40.000€ an d'Dépense 39.770,59€. Dat war 2018 wou mir dat gemaach hunn. Dann an der Maison Relais Schwemm, do ass an der Kichen eng Ventilatioun gemaach ginn. Dat war en Devis vu 15.000€ an d'Dépense war 14.986,40€.

Da Büroen, Mobilier a Service Informatique hei am Haus. Dat war en Devis vun 30.000€ an d'Dépense 29.727,36€. Dann d'Terrass déi mir amenagéiert hunn am Logement Social Tattebiérg. Dat ware 15.000€, d'Dépense 14.976€. Dann hate mir am CID eng 'Amoire de séchage' an och effektiv fir d'Masken ze kontrolléieren. Dat waren 30.000€ an d'Dépense war 28.878,45€.



Dann hate mir fir eis 'Conciergerie mobile' en Elektroauto. Den Devis ass 25.000€ an d'Depense ass 24.437€. Dann hate mir Conciergerie am Hôtel de Ville. Do hate mir eppes fir de Courier ze traitéieren. Dat war en Devis vu 35.000€ an d'Depense 31.843,30€. Dann war en Deel vun eiser Participatioun um Reamenagement vum Club Senior, dat ware 65.000€ vum Devis an d'Depense war och 65.000€, an de Staat huet jo och nach eemol dat selwecht op senger Säit ginn, sou dass dat Ganzt 130.000€ waren, a mir eebe wéi gesot en Deel gedroen hunn iwwert d'Konventioun. Dann hate mir d'Acquisitioun vun engem Logiciel am Gemeengepersonal fir d'Gestioun vun der Ressources Humaines. Dat war en Devis vun 32.000€ an d'Depense 31.515,72€. Dat war d'Presentatioun vun den Devisen. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci, ech froen elo net bei allen, just fir den 'Armoire de séchage et de contrôle respiratoire', deen huet jo lo nach d'Gemeng bezuelt gehat. An elo wollt ech just froen, dat bitt sech jo un, do soll eng Konventioun gemaach gi mam CGDIS, an do solle mir jo och en Inventaire maachen, do wollt ech froen, wéi wäit si mir do? Ass do nach virgesinn, dëst Joer Investissementer ze maachen oder ass elo mol e Stopp en attendant dass déi Konventioun gemaach gëtt. Just eng Fro.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

O.K., weider Froen? Da ginn ech dorop an. Also wéi gesot, mir wäerten an den nächste Woche mat de Responsabele vum CGDIS zesumme kommen fir ze kucken, am Kader vum Gesetz an och dem néidege Règlement Grand-Ducal, do ass déi ganz Fro ronderëm den Transfert, well de CGDIS d'Gestioun do och elo scho mécht. Respektiv sinn och 'Biens Meubles' a 'Biens Immeubles', wat dann och deementspriedend eriwwegeet. Dat ass eng Diskussioun déi mir mat hinne musse féieren. Si sinn am Gaange mat der Stad Lëtzebuerg an och mat Esch ze kucken. Elo triede se dann och un déi nächst Gemengen erun, Déifferdeng, Péiteng, Diddeleng, do ass och den néidege réglementaire Kader fir dat kënnen ze maachen. Mir hunn den interne Listing scho gemaach, fir wa mir an d'Diskussioun kommen, fir dat och ze formaliséieren. A wa mir déi Konventioun maachen, kënnt dat och an de Gemengerot. Voilà. Dat zu dësen Devisen. Ass de Gemengerot averstane mat deenen Devisen? **Dat ass unanime.** Merci.

4.9. SUBSIDES EXTRAORDINAIRES À ALLOUER (SUMMER, SPILL A SPAASS 2019)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann gi mir eriwuer op de Summer, Spill a Spaass, do ginn ech dem Loris Spina d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN):

Jo Merci, sou wéi mir dat och am Budget virgesinn haten, ass elo och d'Ëmsetzung vun dem Summer, Spill a Spaass deen dëst Joer stattfonnt huet, déi 2. Editioun um Kennedy. Dir kennt d'Problematik ronderëm d'Eichenprozessionsspinner, dofir ass et déi 2. Kéier dass et huet missen um Stade Kennedy stattfannen. De Virdeel war dass mir d'lescht Joer Erfahrung konnte sammeln, sou dass mir et nëmme kënne besser maachen. D'Wieder huet effektiv net wierklech matgespillt. Dir kënnt iech sécher erënneren, dass et moies zimmlech vill gereent huet an am Laf vum Dag huet sech do awer d'Wieder verbessert, sou dass mir do dëst Joer iwwer 500 Kanner konnten empfangen an déi verschidde Stänn déi do present waren, déi ASBLen asw. Fir deenen och kënnen e kleng Merci zoukommen ze loosse, géif ech de Gemengerot bieden, déi 170€ ze stëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Loris Spina, sinn dozou Remarken? Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci, et ass ganz flott dat um Kennedy, dat huet en anere Charme wéi et et deemools an der Le'h hat. Vu dass dat elo och weider um Kennedy gemaach gëtt, och déi nächst Joren, ech denken déi Veräiner déi do matmaachen, sollen dat och kréien, dat ass e kleng Geste fir hinne Merci ze soen.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Ech weess net, ob et déi nächst Jore muss do stattfannen, déi Decisioun ass nach net gefall. Déi eng fannen et besser um Kennedy, déi aner an der Le'h, wou ee sech méi groussflächeg ka beweegen an eben och am Bësch. Mee well mir dëst Joer net eleng am Bësch waren hu mir et um Kennedy gemaach. A sou wéi et déi nächst Joren ausgesäit, ass et nach net 100% virauszegesinn, mir loosse eis op alle Fall déi 2 Optiounen nach op.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, kënne mir ofstëmmen? Ass de Gemengerot averstane? **Dat ass unanime.** Merci.

4.10. SUBSIDES EXTRAORDINAIRES À ALLOUER

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géife mir weiderfueren op e 'Subside extraordinaire'. Do ass engersäits e Subside vun 500€ fir de Ciné-Camera75 am Kader vum Film dee se gedréit hunn den 2. September 2019 am Kader vum 65. Anniversaire vun der Libération. Da proposéiere mir 250€ un de Cent Buttek fir hiren 10. Anniversaire an 30.000€ fir d'ASBL Diddeleng Hëllef. Ass de Gemengerot mat deenen Donen averstane? **Dat ass unanime.** Merci.



4.11. + 4.12. APPROBATION D'UN CRÉDIT SPÉCIAL POUR DONS EXTRAORDINAIRES + DONS EXTRAORDINAIRES AUX SINISTRÉS DE LA TORNADE DU 9 AOÛT 2019

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géif ech weiderfueren, déi 2 hei zesummenhuelen, engersäits e Crédit spécial fir déi néideg Done kënnen auszebezuelen. hei e Crédit spécial vu 15.000€ dovunner all Kéiers 7.500€ fir Käerjeng Hëllef a 7.500€ fir e gudden Zweck fir Péiteng. Dat ass am Kader vum Tornado, wou eng grouss Solidaritéitswell war, a wou och d'Stad Diddeleng am Asaz war mat hiren Ekippen, sief et e Service Jardinage mat eise Camionen, et waren och vun der Voirie eng Rei Leit dobäi, et waren och d'staatlech Stellen iwwert eisen Diddelenger Fierschter, och de CGDIS vun Diddeleng deen dobäi war. Wéi gesot, eis Structures d'Accueil hunn och nach Sammlunge gemaach, mir waren als Gemeng ganz aktiv, mir hunn och en Appell gemaach, wou eng Rei Diddelenger och aktiv waren, och de Service Projet Ensemble. Mir hunn do niewent dem Don, dee mir haut maachen, eis als Stad Diddeleng an der Solidaritéit gutt gewisen, sou wéi vill aner Gemengen hei am Land, dofir war och d'Propos vun dëser Sait aus, fir niewent där doter Hëllef, an der Hëllef, déi den Diddelenger Fussballveräi vis-a-vis vun deenen 2 Veräiner gemaach huet, mir haut och deenen 2 ASBLen en Don maache vu 7.500€, ech mengen dass mir dann als Stad Diddeleng ganz kloer gewisen hunn, dass fir eis Solidaritéit keen eidelt Wuert ass. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Här Buegermeeschter et ass scho richtig, dass dat do en immensen nationalen Effort war. Dat war lo eemoleg, ech hoffen, dat kënnt net erëm. Mee d'muss ee sech awer Froe stellen, well d'Experte warne jo, dass mir eis mat deem Klimawandel sou lues missten dru gewinnen, dass déi Tornadoen och an eise Géigenden op der Dagesuerdnung stinn. Do war mir spontan sou eng Iddi komm, et kéint jo och eng Kéier Diddeleng treffen. Ech weess net inwiefern dat ze vereinbaren ass, fir ze soen, komm mir maachen elo e Fond de Solidarité. Fir wann et eis dann eng Kéier haart trifft, dass mir dann direkt aus deem Fong kënnen speisen, fir den Necessiteux aus der éischter Linn kënnen ze hëllefen, éier mir mussen als Gemengerot eppes stëmmen, wa mir wëllen eppes ginn. Ass dat rechtlech machbar? Oder ass dat sënnavoll? Da kéint een de Fong all Joer speisen, a wann et dann eng Kéier eis Bierger zu Diddeleng richtig trifft, da kéint ee vill méi séier handeln, wéi dat bis elo de Fall war. Ech weess net, ob dat eng Noutwendegkeet ass, mee wéi gesot, déi Iddi war mir lo sou komm.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci fir är Iddi, all Fong, deen een uleet, brauch een

eng Autorisatioun vum Interieur. Do koumen och schonn lwwerleeungen an déi Richtung, do goufen och anerer scho refuséiert. Ech mengen hei ass eng gewësse Komplexitéit. Och wann een en Fong uleet, dat geet ni duer, well jo och Assurancen am Spill sinn an aner Acteure mat um Wierk sinn, an näischt verhënnert och wa mir der Meenung sinn, dass mir hei eppes wëlle maachen als Gemeng, dass do och als Urgence de Gemengerot zesummekënnt an och déi néideg Fonge mat dem Budget géifen deblockéiert gi fir do eng Hëllefstellung ze ginn. Also ech mengen, dat kann een ouni Problem maachen ouni mussen hei en Fong unzeleeën. An der Hoffnung awer dass et keng weider Gemeng hei am Land trifft. Voilà, dat gesot, ass de Gemengerot mat deenen Donen a mat dem Crédit spécial averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

5. AMÉNAGEMENT COMMUNAL

5.1. MODIFICATION PONCTUELLE DU PLAN D'AMÉNAGEMENT GÉNÉRAL, PARTIES GRAPHIQUE ET ÉCRITE, CONCERNANT UN RECLASSEMENT DE FONDS SIS « SITE NEISCHMELZ 2 »

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géife mir eriwuer goen op den Aménagement communal. Ech begrëssen do an eise Reien d'Madamm Makumbundu, den Här Brodeur, den Här Wonn an d'Madamm Mambourg, fir duerch déi Modification ponctuelle hei ze féieren. Wou ech jo scho sot, dass mir hei déi néideg Informatiounsversammlung musse maachen, am Centre culturel, sou wéi d'Gesetz et virgesäit. Déi heite Modifikatioun géife mir virhuele well am Kader vun den Diskussiounen déi mir mam Waasserwirtschaftsamt haten an och wat Diddelenger Bach ugeet an och d'Fëschtrap, wat Neischmelz concernéiert, och eng Servitude muss virgesi gi, wou net lénks an riets dierf bebaut ginn. Dat war am éischte PAG net esou verzeechent, dat musse mir och hei an eisen Dokumenter nobesseren, dass mir do eng Servitude virgesinn. Mir haten do Reuniounen mam Waasserwirtschaftsamt, a si waren och der Meenung, dass mir dat sou schnell wéi méiglech nobessere missten. Wéi mir dat gemaach hunn a wat dat alles heescht, do géif ech der Madamm Sala Makumbundu an dem Här Brodeur d'Wuert ginn an och dem Här Wonn fir déi méi ëmwelttechnesch Voleten. Voilà.

SALA MAKUMBUNDU (CHRISTIAN BAUER & ASSOCIÉS ARCHITECTES): Merci fir d'Wuert Här Buegermeeschter, Bonjour Dir Dammen an Dir Hären, ech ginn iech eng ganz kuerz Explikatioun duerch wat déi Modifikatioun néideg ginn ass. Wéi den Här Buegermeeschter scho gesot huet, hu mir eng Demande kritt vun der AGE am



Hierscht 2018 fir ze kucken dass déi nei Diddelenger Baach, wéi mir se genannt hunn, duerch de Projet NeiSchmelz soll gefouert ginn, an och ökologesch a biologesch eng Kontinuitéit ka gewährleisten. Dass alles wat Liewewiesen, Fësch notament, awer och déi aner déi an den Gewässer kënnen sinn, dass déi och déi richtig Liewenskonditiounen solle fannen. Dir erënnert iech warscheinlech un dës Konfiguratioun vum Plang, mir schwätzen vum deem heite Beräich, am urspréngleche Projet war ëmmer geduecht, déi Baach kënnt vum Süden un, bis op den nördleche Punkt vis-a-vis vum der Gare. An du sollt awer den natierleche Verlaf gehale gi vum der Baach, wéi dir en haut kennt, wou niewendrun also sou e kleng Weier ass. Dat war also dat, wat bis Hierscht 2018 geplangt war, wou dunn déi Demande kumt, wannechgelift, kuckt awer wéi d'Fësch, déi haut duerch den DEN2000er Kanal mussen, wéi déi awer do duerch dat Gebitt kënnen kommen. Doropshin ass eng Etude gemaach ginn, wou mir och e Limnolog bäigezunn hunn, also e Spezialist, dee sech mat der Waasserqualitéit an de Konditiounen vum den Gewässer befaasst, deen huet eng Analys gemaach, vum deem wat haut do ass. An no deene Krittären, déi um europäeschen Niveau bestinn, muss ee soen, haut ass et net super, well déi Baach kanaliséiert ass op engem ganz groussen Deel an d'Aufgab war, dat Ganzt ze verbesseren. Mir kënnen dat verbesseren awer och keng Wonner vollbréngen. Wat hu mir gemaach? Ech weise kuerz de gesamte Verlaf, dass Dir de Kontext besser verstitt. An da weisen ech iech wat dann eigentlech déi Modifikatioun betrëfft. Wa mir vum Süde kommen, hu mir en éischten Deel dee mir am Fong renaturéiere kënnen, da komme mir ënnert der Diddenewener Strooss duerch a lafe wéi geplangt an de Laminoire. Do hu mir elo Adaptatiounen gemaach wat d'Pente ubelaangt, mir hunn d'Déift vum der Baach kontrolléiert, dass déi an der Rei ass a mir hu verschidden Amenagementen an der Baach selwer proposéiert, mat Planzen an Steng, fir dass ka séchergestallt ginn, dass och Fësch do kënnen duerchkommen.

Am weidere Verlaf hu mir änlech Mesurë geholl am Beräich vum Code et Haut-fourneaux. Et bléift also eng Baach déi an engem stätesche Kontext wäert sinn, mä si gëtt esou amenagéiert dass eebe Liewensraum do entstinn, no de Reegelen déi de Limnolog zesumme mat der AGE festgeluecht huet. An elo kënnt déi grouss Ännerung, vum hei, nördlech vum Code et Haut-Fourneaux bis bei d'Rue du Centenaire hu mir eng Niveaudifferenz haut, wat déi Baach ubelaangt, vum iwwer 7 Meter. Am zukünftege Plang ëmmer nach 6,70 Meter an dat muss elo sou gestallt ginn, dass déi Fësch déi Niveausënnerscheeder och kënnen iwwerwannen. Do ginn et e puer einfach Reegelen. Eng dovunner ass e sougenannte klengen Träpple, deen dierf net méi héich si wéi 14 cm. Lo hu mir en Amenagement gemaach, deen dat

consideréiert, an dee brauch awer vill méi Plaz wéi dat, wat déi Baach haut duerstellt. Am weidere Verlaf, just fir komplett ze sinn, hu mir dat da gemaach, wat mir ëmmer scho virgesinn haten, mir hiewen den Niveau vum der Baach un. 1,2 Meter méi héich wéi haut. Sou dass mir op der Fohrmannsplaz, wou d'Baach ganz déif läit, a wou de Sprangbuer ass, dass mir do de Waasserspiegel eropkréien an dass déi Baach erëm ze erliewen ass am stätesche Kontext. Wat betrëfft elo déi Modifikatioun? Well mir ursprénglech gesot hunn, niewent dem Parking CNA gi mir net un déi Bach drun, war dat och esou geschriwwen ginn, an déi Prescriptioun mussen mir elo änneren, fir dass mir déi Fëschtrap kënnen maachen. Dat heescht mir gi vum hei uewe mam Waasser, an da gi mir hei an enger Schlangelinn esou erof, dass mir 48 mol 14 cm dat esou oftrappen, dass d'Fësch erof- awer och erëm eropkommen. An dat dote funktionéiert an déi 2 Richtungen. Kann een sech esou virstellen, dat ass eng Foto vum sou eppes Änlechem, wéi dat och realiséiert gouf, dat schreift sech dann an an de Kontext dee mir hunn an hei huet de Paysagiste eng Image de synthèse gemaach, fir dass ee sech iwwerhaupt ka virstellen, wéi sou eppes ausgesäit, wéi sech dat an d'Landschaft kann afügen. Dat doten ass eng vun ee puer Mesuren, déi mir geholl hu fir déi Bach ökologesch a biologesch sou gutt wéi méiglech ze gestalten an déi aner Mesure kënnen mir maachen am Kader vum deem wat bis elo virgesinn ass am PAG. Mee déi Fëschtrap, well dat awer e groussen Agrëff ass an de Beräich vum der Baach, do hu mir dann awer eng Modifikatioun ze maachen. An der Zukunft gesäit de Beräich esou aus, dass mir hei déi Fëschtrap an der Schlaangelinn hunn, déi dann erofgeet bis bei de Centenaire. Dat wier eigentlech schonn déi ganz Explikatioun. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi Explikatiounen. Weess net ob den Här Brodeur oder Här Wonn nach eppes wëlle soen? Wann net, géif ech Diskussioun opmaachen.

JEAN BRODEUR (ZEYEN+BAUMANN): Bonjour, pour rappeler les modifications qu'il y a eu par rapport au PAG, à la modification qu'il y a eu en 2018 pour le site « NeiSchmelz ». Donc, une première modification était d'augmenter le coefficient d'occupation du sol pour le PAP Sud, simplement de passer de 0,5 à 0,52. C'est simplement qu'en cours d'élaboration du PAP, il c'est avéré qu'il manquait un petit peu de valeur pour le coefficient d'occupation du sol, donc c'est pour ça qu'il a été augmenté. C'est vraiment minime comme augmentation. L'autre modification ça concerne l'aide stipulée pour l'article 17 et l'article 21. Comme on avait fait l'autre modification sur la base de la loi de l'environnement de 2004 et maintenant c'est la loi de 2018, les articles qui étaient anciennement les articles 20 sont



devenus les articles 21. On en profitait dans le cadre de la modification simplement pour adapter les chiffres, donc c'est le 17.21 et non plus le 17.20, donc là, c'est une modification de la partie graphique. Et ici on a également ajouté dans le cadre du projet échelle à poissons une zone article 17.21 pour répondre aux demandes de l'environnement. Donc pour la partie graphique ce sont uniquement ces points qui ont été modifiés.

C'est vraiment minime, ça n'a aucun impact sur le projet comme tel. Pour la partie graphique on a aussi fait quelques modifications, on a simplement délimité sur le plan le quartier Neischmelz avec un trait bleu pour vraiment préciser que cette partie écrite-là concerne uniquement le site Neischmelz et pas tout le reste de la ville. Pour la zone d'habitation 2, anciennement, on a autorisé des commerces au rez-de-chaussée de 200 m². Mais pour se rendre conforme à ce qu'on va mettre dans le PAG projet réforme on va proposer 300 m². On a simplement augmenté de 200 à 300 m². Mais cela n'a aucun impact sur les PAP Nouveau Quartier à réaliser, où le projet était déjà là. Autre point qu'on a modifié dans le mix urbain, c'est qu'on a supprimé le point des affectations concernant les activités liées à l'industrie du film. Etant donné que le gouvernement a décidé que l'industrie du film ne viendrait pas à Dudelange, on a dû supprimer cette phrase-là. Un autre alinéa dans les mix urbains qui a été modifié, c'est qu'on avait défini que dans les mix urbains il y aurait 50% des surfaces construites qui seraient vouées à l'habitation. Et en cours de réalisation des différents PAP on s'est aperçu que 50% pour certains sites, au centre, où il y a les anciennes grandes structures, ce n'était pas possible, ces 50%. Donc là on réduit à 40%. Il faut dire que le règlement grand-ducal propose pour les zones mixtes urbaines 25%. Donc là, le site Neischmelz, c'est 40%, c'est donc 15% de plus que ce que propose le règlement grand-ducal.

Un autre point qu'on a modifié, c'est dans le site laminoir. On a tout simplement ajouté les hôtels et les appart-hôtels, parce qu'alors on avait seulement mis les hôtels. Mais comme c'est une autre forme d'hôtel, on l'a précisé ici. On a également biffé ce qui avait rapport à l'industrie du film. Pour la partie écrite il y a encore la servitude d'urbanisation cours d'eau. Là on avait écrit que le long des cours d'eau on ne pouvait modifier ni les biotopes, ni les éléments naturels sur une largeur de 5 mètres et dans le cadre du projet de l'échelle à poissons. Comme il était impossible de réaliser le projet qui a été discuté, on a biffé cette partie qui interdit de détruire des biotopes sur une largeur de 5 m de part et d'autre du cours d'eau. Il y a un dernier point. C'est juste un ajustement. On a enlevé la loi 2004 pour mettre la loi 2018. Et le dernier point, cela concerne les emplacements de stationnement, et là uniquement

pour Neischmelz. Il y avait un vide. On n'avait pas défini le nombre d'emplacements qu'il fallait prévoir pour les chambres meublées ou cette forme d'habitation là. Après discussion, on a décidé de prévoir, par chambre meublée ou par co-location, un emplacement par 3 chambres. C'est simplement un ajout, quelque chose qu'on avait oublié, étant donné que les projets n'étaient pas encore développés à cette époque-là. Maintenant c'est par 3 chambres meublées qu'il faut prévoir un emplacement de stationnement. Ce sont les seuls points qui ont été modifiés pour le quartier Neischmelz.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Här Brodeur, da géif ech dem Här Wonn d'Wuert weiderginn.

HANS-WALTER WONN (OEKO-BUREAU): Ja, ich möchte mich kurzfassen, noch ein paar Worte sagen zu der strategischen Umweltprüfung. Es ist nun mal so, dass jeder Punkt einer strategischen Umweltprüfung unterliegt, in dem Falle war die Modifikation relativ geringfügig, aber trotzdem ist vom Gesetz die Umweltprüfung vorgesehen. Die strategische Umweltprüfung gliedert sich in 2 Phasen, und die erste Phase ist halt diese Erheblichkeitsprüfung und die haben wir jetzt für diese punktuelle Modifikation durchgeführt und haben da auf die verschiedenen Schutzgüter geprüft. Die Schutzgüter sind das menschliche Umfeld, da hat diese Modifikation keine Auswirkungen, wir haben das Schutzgut Boden, da gibt es gewisse Auswirkungen weil hier der Boden verändert wird, es müssen Aufschüttungen gemacht werden, das ist ein Schutzgut, wo es Veränderungen gibt. Wir haben das Schutzgut Wasser, ist auch ganz klar, da wird es Veränderungen geben weil der Diddelenger Bach, so wie er jetzt besteht, umgewandelt wird und zum 2. ein kleiner Teich, der sich zwischen dem Parkplatz und dem Diddelenger Bach befindet, weil der verschwindet. Das entscheidende Schutzgut was betroffen wird, ist das Biodiversität/biologische Vielfalt/Pflanzen und Tiere, weil diese Strukturen, die sich im Moment vor Ort befinden, teilweise einen schützenswerten Charakter haben. Ich rede da von diesem Teich, dieser ist als stehendes Gewässer nach Artikel 17 ein Biotop, das geschützt ist. Ich möchte dazu sagen, der Teich ist ein Arm vom Diddelenger Bach der durch einen Querdamm einfach aufgeschüttet wurde und dadurch breiter geworden ist, aber es ist mittlerweile ein stehendes Gewässer und das ist geschützt.

Der Diddelenger Bach selbst ist auch geschützt und auch verschiedene Gehölzstrukturen die sich dort in der Nähe befinden. Das heißt dieses Schutzgut ist mittlerweile betroffen. Was wir nun gemacht haben, wir haben damals, als wir die strategische Umweltprüfung der gesamten „Neischmelz“ gemacht haben, für dieses Gebiet eine



Servitude vorgeschlagen. Das heißt, der ganze Bereich in dieser Ecke plus Teich und plus die Gehölze sind überlagert worden mit einer Schutz-Servitude, die ist auch in dem PAG übernommen worden. Das heißt im Grunde, da darf man nichts machen, deshalb muss man diese Servitude jetzt auch ändern. Nur wenn man die ändert, dann muss man das aber unter bestimmten Voraussetzungen machen. Das eine ist, wir müssen eine Kompensation dort machen für den Verlust von den bestehenden Artikel 17 Biotopen, das schreibt das Gesetz so vor. Das wird verrechnet mit dem, was an neuen Biotopen entsteht. Wir haben ja hier den ganz speziellen Fall, dass wir nicht irgendwo bestehende Biotope zerstören und dafür dann Häuser hinstellen, sondern wir haben den Fall, dass wir ein geschütztes Biotop durch ein anderes austauschen. Und das kann man dann auch in Bilanz zueinander setzen. Das heißt, es muss eine Öko-Bilanz gemacht werden und die betroffenen Artikel 17 Biotope müssen ausgeglichen werden und das kann man durch die neue Schaffung von neuen Biotopen an dieser Stelle.

Ein wichtiger Punkt, das ist auch bei der Beschreibung des Projektes schon angesprochen worden: Wir zerstören dort ein stehendes Gewässer, schaffen aber dann ein fließendes Gewässer. Aber da wir dort verschiedene Terrassen und Niveaus haben, sollte es dort auch möglich sein, kleinere stehende Gewässer hinzubringen zwischen diese Ausbuchtungen des neuen Düdelinger Baches, so dass man da auch sicherlich etwas machen kann, wo Tiere die an stehende Gewässer angepasst sind, auch eine Überlebenschance haben. Deswegen müssen wir diese Flächen in der Modifikation auch kennzeichnen, dass Artikel 17 relevant ist, und auch Artikel 21 vom neuen Naturschutzgesetz. Und zwar muss dort eine Überwachung bestehen, wir haben jetzt bei der Begehung schon Informationen gesammelt über die Tierwelt. Aber die kann man halt immer nur im Frühjahr machen. Insbesondere die Amphibien, aber es gibt sehr gute Lebensräume für Grasfrösche und Bergmolche, das muss dann überprüft werden.

Was man auf jeden Fall aber schon festgestellt hat dort, ist ein Brutgebiet von einem Teichhuhn und wenn dieser Teich verschwindet, muss man für diese Tierart eine Kompensationsmaßnahme durchführen. Das Andere, was wir als Vorschlag gemacht haben, diese Textpassage für die Servitude d'Urbanisation die dort bestanden hat, wo halt drinsteht, dass man da zwar Verbesserungen am Bachverlauf machen darf aber sonst keine weiteren Baumaßnahmen. Das ist dann so vorgeschlagen worden, dass man das abändert, dass man die Maßnahme zur Verbesserung des Bachverlaufs weitermachen kann. Aber dieser Passus, dass sonst keine weiteren Maßnahmen durchgeführt werden können, ist eben aus der Servitude rausgefallen. So sieht das im Moment aus.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci och dem Här Wonn fir seng Erklärungen, domat hu mir iech all Informatiounen ginn, déi Dir braucht, wat dës Modification ponctuelle ugeet an domat ass Diskussioun op. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV):

Merci, ech wollt net laang diskutéieren, just e puer Saachen nofroen. Dat ass eng ganz flott Saach wat mir hei mat der Baach maachen. D'CSV war och ëmmer fir d'Renaturéierung vun der Baach. Mir ersetzen also eng Situatioun, déi geschützt ass, duerch eng aner, déi awer besser fir d'Baach ass. Dat ass am Fong positiv. Verstinn ech dat lo richtig, dass mir fir dat Ersetze vun deem enge Biotop duerch deem anere keng Kompensatiounsmoossname musse bezuelen? An dass mir der just bezuele musse fir déi Déierenarten, déi do eventuell géifen zerstéiert ginn? Dat ass meng Fro. A wa mir sou Kompensatiounsmoossname musse bezuelen, wéini kënnen mir ongeféier domat rechnen, gewuer ze ginn, wéi héich déi chiffriert ginn? Et puis j'ai encore des questions pour le PAP Neischmelz. Moi j'avais compris que ce serait à cause de ce problème de l'industrie du film qui ne va pas s'installer que le COS devrait être augmenté. Parce que j'avais compris qu'il y avait des bâtiments comme le Hall Fondouq qui devraient céder à des espaces d'habitation. Est-ce que j'ai mal compris ça? Ou pourquoi est-ce qu'on veut augmenter le COS? Et dans quelle envelopure est-ce qu'on peut le faire, sans toucher aux bâtiments historiques, qui, on ne l'a appris qu'aujourd'hui, sont entretemps protégés? C'était ma question sur le COS.

Puis on a constaté dans le texte que tous les passages qui faisaient allusion à l'industrie du film étaient barrés. Seulement, j'ai trouvé encore deux passages dans le schéma directeur, aux pages 11 et 12, qui faisaient encore allusion à l'industrie du film qui allait s'installer dans l'aciérie et aux surfaces administratives qui devaient s'installer dans le bâtiment rouge. Est-ce que c'est un oubli que ces passages n'ont pas été rayés? Ou est-ce qu'il y a une autre difficulté? Et puis il y a encore quelque chose: Le problème des emplacements pour 3 chambres meublées. Il faut dire qu'au groupe PAG, je n'étais pas chaud pour inclure cela dans le texte, mais maintenant c'est fait, la majorité a décidé ça. C'était une réflexion personnelle. Je me disais que les chambres meublées n'ont peut-être pas besoin d'un taux si élevé d'emplacements de voiture. Parce qu'en principe il devrait s'agir de gens qui n'ont peut-être pas tous une voiture particulière. C'était une réflexion au groupe PAG, mais entretemps on a accepté ça. Je ne vais donc pas insister là-dessus. Merci.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Gangler, weider Stellungnamen? Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, ech hu just eng Fro. Dans l'article 3 zone mixte urbaine page 6, où vous avez aussi exposé qu'on va maintenant réduire la surface construite à 40%. Je ne comprends pas la dernière phrase. „La commune peut déroger au principe des 40% si les caractéristiques ou les particularités du site l'exigent.“ An dann: „Surtout la phrase notamment pour la protection d'un élément protégé de type environnement construit C.“ Qu'est-ce que ça veut dire? Cela c'est ce qu'on avait mis à la place de „si l'industrie du film s'implante dans ce nouveau quartier“. Est-ce que c'est donc une zone qu'on „hypothèque“. Sans donner un sens positif ou négatif à ce mot. Qu'on „hypothèque“ un aréal fixe?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci. Här Friedrich.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Jo Merci. Just eng Fro, mir maachen eng Fëschtrap, do wollt ech wëssen, ob do Fësch ausgesat ginn, sinn déi vun Natur aus do? Well mir déi jo maachen. Oder ass do eng Initiativ dass do Fësch ausgesat gi sinn? Dass déi sech do kënnen vermehren. A wéi eng Zorte Fësch sinn dat ongeféier? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, nach weider Stellungnamen? Da wäerten den Här Brodeur an d'Madamm Makumbundu op déi verschidde Froen agoen.

JEAN BRODEUR (ZEYEN+BAUMANN): Donc, en ce qui concerne l'augmentation du COS de 0,5 à 0,53, cela n'a pas de rapport avec l'industrie du film et les bâtiments protégés. C'est simplement que dans le PAP Sud, lors de l'élaboration, avec le concept qui avait été retenu, on a observé qu'il y avait un manque de surfaces constructibles au sol pour réaliser le projet qui avait été retenu dans le cadre du plan d'ensemble. C'est simplement un tout petit ajustement qu'on a fait pour monter de 0,50 à 0,52, uniquement pour essayer de se mettre conforme avec le projet de PAP Nouveau Quartier qui découle du Plan Directeur. Cela n'avait pas du tout rapport avec les bâtiments à protéger ou l'industrie du film. C'est qu'en cours de l'élaboration du PAP SUD, on s'est aperçu qu'il manquait quelques mètres carrés et c'est pour cela qu'on les a augmentés et cela n'a pas d'impact sur le projet. Voilà le premier point. En ce qui concerne les 40% pour l'habitation, la dernière phrase... ça c'est une phrase qui provient du règlement grand-ducal, qu'on a légèrement modifiée. On voulait garder la possibilité d'aller à moins de 40% si

jamais les bâtiments à conserver rendraient impossible la construction de logements. A ce moment-là, si on ne peut pas faire un certain nombre de logements dans ces bâtiments-là – le projet est en discussion avec le Sites et Monuments – qu'est-ce qu'on peut faire avec ce bâtiment-là? Si jamais la décision est prise que ce bâtiment ne se prête pas à l'habitation à cause de la structure, à cause du volume etc., à ce moment-là il y aurait une adaptation qui pourrait aller légèrement en-dessous des 40%. C'est uniquement une sécurité pour éviter une troisième modification. En principe c'est 40%, mais si en cours du projet de développement de ces bâtiments-là il s'avère qu'il n'est pas possible de faire de l'habitation, alors il y a la possibilité de déroger à ce point.

Pour ce qui est des pages 11 et 12 du schéma directeur, moi je ne l'ai pas vu, mais c'est une erreur matérielle. On va le biffer. Le schéma directeur est informatif et ne fait pas partie des documents qui vont en procédure. Ce n'est pas un document que le ministre approuve ou que le collège échevinal doit mettre en procédure. Nous, on l'a simplement mis en tant qu'annexe et on va biffer ces deux phrases-là.

SALA MAKUMBUNDU (CHRISTIAN BAUER & ASSOCIÉS ARCHITECTES):

Ech géif dann op déi Fro zeréckkomme mat der Kompensatioun. Den Här Wonn huet et schon ugeschwat, déi Fëschtrap, dat ass eng éicht Etude déi gestäipt gëtt duerch en ganze Manuel Bio-Aquatique, mee déi nächst Etapp, wann déi PAPen duerch d'Prozedur sinn, ass de Projet d'Execution du PAP ze maachen. An an dem Kader gëtt déi Fëschtrap gezeechent a geplangt an da kann natierlech och tëschent deene Meanderen déi stoend Gewässer mat ageplangt ginn, sou dass mir integral dat wat haut do ass, och kënnen erëm schafen an deem Beräich, sou dass mir mat dem Wëssen vun haut dovunner ausginn dass do näischt muss kompenséiert ginn. Par contre sinn an der Kompensatioun nach aner Elementer dran, iwwert de ganze Site „NeiSchmelz“ gekuckt. Mir hunn aner Beräicher, do wou déi al Géisse-rei war z.B., do ass e grousst Biotop, wat mir net 'tel quel' kënnen sou halen, well mir do bauen a well mir dat net kënnen 100% ersetzen. Dat heescht, mir wäerte gesinn, dass mir dann och an der Phase vun dem Projet d'Execution vun de PAPen och gesinn, wat mir kompenséiere kënnen a wat net. De Moment gëtt dann och ausgerechent, wéivill Punkte misste gerechent gi vun deem, wat mir net um Site kompenséiert kréien.

Da war nach eng Fro wéinst de Fësch, de Limnolog huet eng ganz Etude gemaach op där Plaz an de Manuel bio-aquatique deen erstallt ginn ass a wat och Bestanddeel gëtt vun de verschiddene PAPen, fannt Dir erëm dass déi Haaptfëschzorten den Dreistachliger Stichling (<50%)



an d'Schmerle (40%) sinn an anerer déi vill manner virkommen. Dat ass gekuckt ginn an et kann een dovunner ausgoen, dass wann dat eemol alles realiséiert ass, net esou wéi haut, mee deementspriedend wéi mir d'Planung hunn, dass dann d'Baachfrell erëm kann zeréckkommen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci fir déi néideg Erklärungen. Wa soss keng Froe méi sinn, géif ech soen, dass mir zum Vott komme wat déi Modification ponctuelle vun „NeiSchmelz 2“ ugeet. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

Ech soen och dem Sala Makumbundu Merci dass hatt de Mëtten hei bei eis war. An dem Här Wonn och. Den Här Brodeur dee bleift nach.

5.2. MODIFICATION PONCTUELLE DU PLAN D'AMÉNAGEMENT GÉNÉRAL. PARTIE GRAPHIQUE. CONCERNANT UN RECLASSEMENT DE FONDS SIS « RUE MARCEL SCHMIT »

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann géif ech soen, dass mir bei eng nächst Modification ponctuelle kommen, do si mir an der Marcel Schmit-Strooss, wou mir d'Propos maachen, eng Zone de moyenne densité, fir déi am Kader vun der Modification ponctuelle vum PAG ëmzeklasséieren an eng faible densité. Mir gräifen hei deem vir, wat mir an der genereller Refonte vum PAG souwisou maache wollten. An eng faible densité, well mir hei am Fong den Tissu existant dee mir virfannen, deem éischter deem ass vu Haiser unifamiliale déi isoléiert sinn, "jumelée" oder "en bande". Respektiv awer och mol Bifamilial, dass mir de Charakter erhale sollen. Den Här Brodeur wäert do nach am Detail drop agoen. Firwat maache mir dat heiten? Majo mir maachen och déi heiten Modification ponctuelle op Urode vun eisem Hausaffekt, dem Maître Helmingen. Et ass esou dass an dëser Strooss eng Parzell ass, déi engem Proprietär gehéiert, deem un d'Gemeng eruge-trueden ass, fir seng Parzell a 4 Parzellen ze morceléieren. Wou en no der aktueller Logik allkéiers 4 Unitéiten drop baue kann, also 16 Logementer. Déi Diskussioun hate mir och an der Bautekommissioun, wou mir mam Projet befaasst goufen.

D'Bautekommissioun war der Meenung, dass deem dote Projet en ze groussen Impakt hätt fir déi dote Strooss. Mir hunn dat och dem Proprietär matgedeelt an och mat Recommandatioun, dass hien de Projet no ënne soll revidéieren. De Projet ass och iwwerschaaft ginn, d'Logik vun dem Morcellement ass bäigehale ginn, awer statt 4 sinn et 3 Logementer, vu 16 op 12 erof, an

och do hu mir e Refus ginn. Do war d'Bautekommissioun der Meenung, dass een dat net soll esou maachen an doropshin hunn ech als Buergermeeschter zweemol e Refus ginn. An Tëschenzäit hate mir och eng Petitioun vun den Awunner aus er Marcel Schmit-Strooss, well se och matkritt hunn, dass do e Projet an der Maach ass, a par Rapport zu deenen 2 Refusen huet de Proprietär decidéiert, fir virun d'Verwaltungsgeriicht ze goen. Dat ass och säi Recht fir do e Recours ze maachen. Béidsäiteg Affekoten haten och am Abrëll hir Plädoyere gemaach a mir sinn en Attente vun engem Jugement. Dat ass déi aktuell Situatioun an där mir eis befannen. Dat war eng Diskussioun an der Bautekommissioun. An op Uroden engersäits eebe vun de Plädoyeren, déi waren um Verwaltungsgeriicht, wou mir och op eng Decisioun waarden, war awer och d'Recommandatioun un de Schäfferot, an eeben och hei weiderzeginn un de Gemengerot, dass een hei higeet, a vun enger 'moyenne densité' an eng 'faible densité' eriwwegeet, wou da just nach 'Maisons unifamiliales' a 'bifamiliales' méiglech sinn. Dat zu den Erklärungen wat dat doten ugeet, ech ginn och nach dem Här Brodeur d'Wuert, fir op déi méi techesch Aspekter vun der Modification ponctuelle anzegoen an da kënne mir d'Diskussioun opmaachen.

JEAN BRODEUR (ZEYEN+BAUMANN): Bon, je crois que tout a été dit. La seule chose qu'il faut bien voir du point de vue urbanistique pour la Ville. Ce qui est important, c'est d'avoir une augmentation de la population, une densification. Mais dans un cas comme ici, on parle plutôt d'une densification douce. Donc l'objectif ne serait pas de construire de nouvelles structures qui ne sont pas en relation avec le quartier existant, qui est unifamilial aujourd'hui, sauf une ou deux bifamiliales, mais plutôt de proposer une modification des structures de bâti en proposant des parcelles plus petites, plus étroites. Et qu'on pourrait prendre deux ou trois parcelles pour faire trois ou quatre maisons. Mais l'idée pour une densification dans des quartiers qui sont quand-même bien structurés et qui ont une qualité de vie et que les gens veulent habiter dans ces structures-là.

L'idée c'est plutôt de faire une densification douce et ne pas faire des résidences et une augmentation conséquente de la population, mais de garder les caractéristiques et de les mettre dans une forme plus contemporaine qui sont des maisons en bandes, moins larges, de plus petites dimensions. Mais ne pas aller au niveau de créer de nouvelles résidences qui n'ont pas de rapport avec le bâti existant. En plus, on est ici dans une situation de cul-de-sac. Donc cela va générer un trafic qui est plus important que ce qu'il est aujourd'hui. C'est un peu l'idée de la densification douce de nos jours et non pas une densification massive. Il y a d'autres



endroits, des terrains libres dans la commune, où on peut faire ce genre de densification-là. Mais ici c'est préférable de maintenir la structure bâtie existante. Et c'est ce que le Ministère a voulu faire en créant les PAP Quartier Existant. Qui vont être créés dans la réforme. Comme le nom le dit, Quartier Existant, c'est de maintenir la structure qui est là aujourd'hui. De la faire évoluer légèrement, mais non pas la déstructurer en faisant une zone d'habitations.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buegermeeschter. Dir hutt et grad uklénge gelooss, den Historique wéi et zu dëser Decisioun komm ass. Et war e Projet do fir eng Construction d'habitat actuel, déi net richteg an de Kader vun där Strooss gepasst huet an doropshi hu 65 Signataire aus der Strooss dem Buegermeeschter eng Petitioun ënnerluecht, fir dass déi Strooss esou erhalten bleift. Mir fannen dat ganz gutt, dass och d'Bierger sech manifestéieren an och soen, wéi si sech hiren Environnement virstellen, wéi si wëlle wunnen a liewen. An ech denken dass dat eng gutt Propos ass fir déi Strooss an eng Zone faible densité ze klasséieren, fir dass herno net den ganzen Cachet vun der Strooss verännert gëtt. Ech hunn eng konkret Fro. Dat ass eng Privatstrooss, d'Marcel Schmit-Strooss, eng bëssen méi speziell Situatioun. Huet dat en Afloss, dass déi Petitioun och gehéiert ginn ass, a wéi wäit ass et méiglech, dass an enger ëffentlecher Strooss sech d'Bierger zesummendoen an soe mir wëllen dat net, oder mir wëllen och eng Ëmklasséierung vun eiser Strooss? Wéi gesitt Dir d'Méiglechkeeten, dass och aner Bierger sech kënnen zesummendoe fir sou eng Petitioun eranzeerechen? Wéi grad gesot ginn ass, et ass wichteg dass mir Wunnraum schafen hei zu Diddeleng, et ass eppes wat mir ëmmer all gesot hunn. Et ass luewenswäert dass Diddeleng wisst, awer an enger dezenter Manéier wisst.

Mir hunn e grouse Projet, wéi de Projet NeiSchmelz, mee wa Promoteuren komme mat neien Lotissements, wéi A Bëlleg, wat och direkt ugrenzt un déi Marcel Schmit-Strooss da musse mir och oppassen dass mir net alles erlaben. Dass net all Familljenhaus duerch eng Residence mat 6-9-12 Wunnengen ersat gëtt. Well ech denken net nëmmen dass et net schéin ass an och méi Verkéier mat bréngt, mee mir mussen drun denken, dass dat och eng Demande kreéiert fir méi Crèche, Plazen an de Schoulen, eis Kanalisatioun ass gefuerdert, eis Reseauen a wann ech kucken, wéi an der Bierenger Strooss, do wäicht een Haus nom aneren, an do kennt iwwerall en Appartementshaus. Quitt, dass et d'selwecht grouss gëtt, mee et gi méi Persounen

déi dran wunne kommen an dat kreéiert e grouse Problem. Grad an deem Quartier do ass et gutt, wa mir déi Strooss preservéieren. Well dat an dem ganzen Areal wou och nach den ganzen Quartier A Bëlleg dobäi kennt, wäerten mir scho genuch Trafic a Bierger hunn, wou dann och d'Schoul an d'Schoulpersonal wäert gefuerdert sinn.

Dann eng allgemeng Stellungnam ass, dass et wichteg ass, dass de Wuesstem vun Diddeleng responsabel an iwwerluecht gemaach gëtt an dass mir och innehalten, an eis froen, wéi mir wou wëlle wuessen. Wéi mir wou net wëlle wuessen. A wéi eng Nuesen eis Quartieren sollen halen oder kréien. Dofir fannen ech déi Demarche vun den Bierger aus der Marcel Schmit-Strooss löblech an ech fannen dass dat en Ustouss war fir hei sech ze iwwerleeën, ob een net soll sou Stroosse schützen. Sécher ass och en Eigennutz dobäi, dass déi Leit wëllen an enger roueger Spillstrooss weider wunnen, dass se keen Duerchgangstrafic wëllen. Mee si si sech och bewusst dass déi Besëtzer hir Terrainen dodurch och hypothekéiere fir hir Nokommen. Dass déi do an déi Haiser wunne kommen, déi kënnen net sou maachen wéi oft, dass wann d'Elteren gestuerwe sinn, dass sech d'lerwen da streiden an da gëtt en Haus ofgerappt an en Appartement gebaut, wou dann 3- 4 Kanner säin Deel kréien. Dat heescht déi Leit si sech bewusst dass si hir Strooss wëllen erhalten, hire Patrimoine erhalten an awer och hire Kanner dat mat op den Wee ginn, dass heiansdo Weniger mehr ist. Wéi gesot, ech wollt och froe wéi sécher ass dat, dass dës Modification ponctuelle och matgehall gëtt an den neie PAG? An zweetens, dat heiten ass eng Sakgaass. Ass dat och garantéiert dass déi Strooss eng Sakgaass bleift, well herno wann ee kuckt, déi aner Sait beim Terrain vun der Acomé do ass eng aner Zone d'habitation agezeechent am Plang, mee kënnen mir deene Leit garantéieren, ob do keen Duerchbroch gemaach gëtt?

D'Fro sief och erlaabt, ob et juristeschesch einwandfrei ass, wa schonn e Projet agereecht gouf, ënnert där aler Affektatioun, a mir den Projet verwerfen, dass mir do juristeschesch gutt dostinn, wa mir 'en cours de Demande' einfach d'Affektatioun vun där Strooss änneren? Mir hate scho mol sou Affären. Dir hutt gesot, d'Geriicht an d'Affekten hunn den Impuls ginn, fir dat ze maachen. Mir bedauern dass déi Piëcen net dobäi leien. Mir gesinn net genau d'Argumentatioun vum Geriicht an den Affekten, an ech mengen et ass awer och wichteg dass mir wëssen, wéi bommesécher dat elo ass. Net dass mir als Gemeng viru Geriicht zitéiert ginn, an da mussen mir mat dem Proprietär dee sech jo och eppes dobäi geduecht huet, wéi hien de Projet an d'Prozedur ginn huet, mir wëssen jo och dass d'Bautekommissioun ëmmer nëmme consultativ ass, an Decisioun hëllt de



Buergermeeschter, mam Aval vum Schäffen- a Gemenge-rot... Dofir, kënnt Dir eis garantéieren, dass mir dat duerchkréien, dass déi Affektatioun vun der Strooss sécher ass? Net dass mir e Prozess mussen a Kaf huele vun der Famill, déi sech sécher eppes Anescht erwaart hunn. Virun allem, dass mir 'en cours de route' d'Affektatioun änneren, fält eis dat net herno op de Kapp? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Här Jadin.

YVES JADIN (DÉI LÉNK): Merci, also mir als déi Lénk droen dat doten net mat. D'ass ganz einfach, dat ass eng Zon, déi gëtt et schonn éiweg. Ech mengen 1964 stoungen déi éischt Haiser do, dat waren Eefamilljenhaiser, d'Leit konnte sech dat leeschten, d'Zone war ëmmer eng moyenne densité, wann do virun 20 Joer ee gefrot hätt fir en Appartement ze baue wier dat gaangen. Elo ass et e flotten Eck vun Diddeleng, d'Zon ass nach ëmmer moyenne densité, dofir fannen ech et net ganz richtig wa mir soen dass mir déi ëmklasséieren a mir maachen eng faible densité dohinner an et kënne just Haiser do stoe bleiwen a soss näischt. Ech sinn och iwwerzeegt, dass déi Leit wou d'Petitioun eraginn hunn, sech net bewusst sinn, dass hiren Terrain herno manner wäert ass, well si hunn en Haus do stoen a kënnen och ëmmer nëmmen 1 Haus verkafen. Si kënnen dat Haus kengem Promoteur verkafen, dee kënnt an et ewechrappt an dann en Appartement dohinner baut. Dat heescht och net dass mir dat gutt fannen, mee dat ass awer op ville Plazen hei an Diddeleng geschitt, Eefamilljenhaiser ginn ewechgerappt an et gëtt en Appartement dohinner gebaut. Hei maache mir et einfach iwwert e Changement vun enger Zon, do erlabe mir dat an dëser Strooss net.

Firwat ass dat dann net an aner Stroossen gemaach ginn? Ech fannen dat net ganz fair. En plus, wann déi Zon eemol changéiert ginn ass, dann ass et wéi d'Madam Kayser gesot huet, wann 2 Kanner do sinn, mussen déi sech eens ginn. Dat Haus huet eng gewësse Valeur, vläicht kënnen déi sech dat net leeschten. Wat maache mir dann? Anescht kéint ee soen, da komm mir maachen en klengt Appartementshaus dorausser, d'Zon erlaabt dat, fir do e Bifamilial hin ze stellen. Mir droen deen heite Projet sécher net, och wann de Maître Helminger seet et wier besser dat ze changéieren, fannen ech dat net fair. Dann déi Petitioun, dat ass e Pluspunkt, do muss ech iech soe „Respekt“. Do si 65 Leit déi ënnerschriwwen hunn, Dir hutt déi Meinung gehéiert, ech fannen dat och richtig, dass et eng Biergerbedeelegung gëtt an ech hoffen dass dat och fir aner Stroossen gëllt. Wann och do Leit kommen a soen, mir setzen eis zesummen, mir maachen eng Petitioun a mir hätte

gären eppes geännert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Weider Stellungnamen? Här Glesener.

HENRI GLESENER (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Bei deem, wat alles scho gesot gouf, ass et kloer, dass ech e puer Sätz widderhuelen wäert an eiser Positioun, an ech awer och hei op verschidde Saache wëll agoen a meng Positioun hei mat era brengen Et geet drëms, dass mir an dëser Strooss déi eenheetlech Struktur déi déi Strooss elo huet, erhale wëllen. Dat ass den Objektif. Et ass eng Sakgaass wou just Eefamilljenhaiser stinn an 2 Bifamilial stinn. An enger Zone faible densité dierfe jo och Bifamiliale stoen oder gebaut ginn. Et ass eng vun den leschte Stroossen wou keng Appartementer déi besteeënd Eefamilljenhaiser ersat hunn. Et ass en Ënnerscheed fir mech ob mir vun enger Plaz schwätzen, wou mir Eefamilljenhaiser ofrappe fir Appartementer an d'Plaz ze setzen. Dat ass en Ënnerscheed zu de Plaze wou nach näischt gebaut ass, an Appartementer dierfe gebaut ginn. Domadder ass et och eng vun de leschte Stroossen wou d'Awunner nach näischt vun hirer héijer Liewensqualitéit agebéisst hunn, wann s de a sou enger Strooss kanns wunnen. Dat selwecht zielt och fir d'Verkéiserssécherheet. Am neie PAG huelen ech un, souwäit wéi ech dat och héieren hunn, do sinn e puer Artikelen dran déi et de Promoteure méi schwéier wäerte maache fir Eefamilljenhaiser ofzerappen an duerch Wunnbléck ze ersetzen. Ech sinn net prinzipiell, an dat well ech betounen, géint Appartementshaiser, bien au contraire. Mee si stellen oft, wann net meeschtens, Problemer duer, wa se a besteeënden Eefamilljenhaiserstroosse gebaut ginn.

Ganz oft stousse mir un d'Limite vun den Infrastrukturen. Mir kréien nei Verkéisersproblemer, de Parkplazmangel gëtt doduerch natierlech net besser, d'Liewensqualitéit hält also ganz sécher en Stéck of. Klammer op fir d'Parkplazen: Ech weess och dass de Promoteur, wann e Wunnenge schaaft, Parkplazen op sengem Terrain muss schafen. Dir wësst awer och dass d'Autoen herno awer op der Strooss stinn, dass d'Garagen illegal an Depoten ëmgewandelt ginn, dass Parkplazen an den Déifgaragen un Autosammler verlount oder verkaaft ginn, Beispiller dofir ginn et jo genuch. Klammer zou. Grad elo kuerz virun dem neie PAG, schéngt et mir gerechtfäerdigt ze sinn dass mir all Moyens notzen an och solle probéiere fir déi Plazen, déi intakt sinn hei zu Diddeleng, fir déi och intakt ze halen. Genau dat maache mir andeems mir dëser Modification ponctuelle zu dem PAG eis Zoustëmmung ginn. Domadder komme mir och all deenen Awunner no, déi kloer a bewusst dat gefrot hunn, déi si sech och bewusst, wéi eng Suitten dat huet. Déi Leit hu mat dëser Petitioun



hir demokratesch Mëttele genotzt an hunn eis en klaren Opdrag ginn an dee probéiere mir hei ëmzesetzen.

Et ass kuerz ugeschwat ginn dass d'Verwaltungsgeriicht säin Urteel nach net geschwat huet. Um Verwaltungsgeriicht gëtt doriwwer entscheet, ob de Buergermeeschter dee Morcellement vun engem Terrain wou d'Eefamilljenhaiser dropstinn a 4 Parzellen zu jee engem Appartementshaus mat 4 Appartementer also zesumme 16 Wunnengen, och wann dat duerno erofgesat gëtt, ass trotzdeem nach ëmmer d'Fro do, fir 4 Parzellen ze maachen, hätt dierfe refuséieren. Dat ass dat wouriwwer d'Verwaltungsgeriicht ze decidéieren huet. An éischter Linn geet et hei oft am Gespréich dorëm, ob do iwwerhaupt Appartementer dierfe gebaut ginn oder net. Déi legal Fro stellt sech awer eréischt duerno bei der Baugeneemegung, net beim Morcellement. Dem Buergermeeschter gëtt also hei virgeworf, dass en ze wäitsiichteg war, dass en elo scho sech erkundegt huet, wat kënnt dann herno drop? Eigentlech gräift hie jo där Saach vir: Wann hien de Morcellement well verhënneren, well hien a senger Argumentatioun agesäit, dass do Schwierigkeeten ze erwaarde sinn, vun allen Zorten, da fannen ech dat wäitsiichteg. Dass hie seng Bierger, déi an där Strooss wunnen an hire Besoin via Petitioun kloer gemaach hunn, dass hien déi wëllt schützen, dat fannen ech luewenswäert. Dass hie ganz kuerz virum neie PAG sou eng Situatioun mat allen Moyene probéiert ze verhënneren, fir dass net nach ee schnell ausnotzt éier dat neit do ass, fannen ech och vertriebar an ech géif mengen dass mir do kënnen dohannert stoen. Ech mengen, wann dat do nach duerchkéim an do nach Appartementer stinn, dann ginn déi spéider Generatiounen déi duerch déi Strooss do trëppelen, déi begéinen déi Appartementer do an och just do op där Plaz, sécher mat Kappräselen.

Wier de Buergermeeschter elo anescht virgaangen, da géif him sécher virgehait ginn dass hien inkompetent war an dass hie keng Wäitsicht hat. Mee eigentlech steet de Sträit tëschent dem Promoteur an der Stad Diddeleng haut net um Ordre du Jour, onofhängeg dovunner, ob de Refus fir de Morcellement approuvéiert gëtt oder net, kann eng Demande d'Autorisation de Bâtir eéicht duerno kommen, wann de Morcellement fäerdeg ass. Mir hunn haut just doriwwer ofzestëmmen ob déi Strooss dann als moyenne densité oder faible densité do am PAG steet. Mir als LSAP Fraktioun stëmmen haut geschlosse fir dës Modification ponctuelle a stellen eis domat hannert eise Buergermeeschter an hoffen dass mir net eleng do stinn, ech hunn dat jo elo scho gespuert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da probéieren ech, op déi verschidde Punkten anzegoen.

Wéi mir mat deem Dossier befaasst goufen, kann een, fir dat opzegräifen wat den Här Glesener sot, mir hunn haut eng Modification ponctuelle ze maachen an awer huele mir a Consideratioun, dass mir e Litige hunn, um Niveau vum Verwaltungsrot, wou tranchéiert muss ginn. Ech war jo als Buergermeeschter am Gespréich souwuel mam Proprietär wéi och mat den Petitionären. Jiddereen huet do säi Point de vue ervirbruecht an dass de Buergermeeschter op Avis och vun der Bautekommissioun, eng Decisioun ze huelen. D'Marcel Schmit-Strooss ass net integral eng Privatstrooss, een Deel ass Voie publique an een Deel ass privat. Do ass d'Diskussioun generell, onofhängeg vun enger Modification ponctuelle, do stellen sech also och Froe ronderëm Cessiounen, Strooss, Trottoir, sou wéi mir jo och scho sou Akten hei am Gemengerot hunn, dat huet awer näischt direkt mat der Modification ponctuelle ze dinn. Dat ka parallel lafen, egal ob et eng moyenne Densité ass oder faible. De PAG gräift 40 Joer op privat Propriétéit, ob déi Zone déi ee sou déclaréiert huet, ob se an der moyenne Densité ass oder an der faible Densité oder eng aner Densité oder hei am Zentrum. Dat ass effektiv privat Propriétéit, déi och esou définéiert ass. Par Rapport zu engem Durchbroch deen ugeschwat gouf, do kann en Entwécklungsprojet kommen, do kann een u Verbindungen denken.

Mir haten awer an enger éischter Approche geduecht dass een do eng Mobilité douce huet, als Partie intégrant vum dësem Dossier. Well mir wësse guer net, wat op deem Areal geschitt. De Moment sinn och just Entreprises, déi do sinn. Hei ass d'Demande komm vun der CSV, Dokumenter ze kréien. Et ass e Geriichtsprozess amgaangen, do gi mir keng Dokumenter, kënnen mir och net, un de Gemengerot ginn. Wann herno d'Geriicht bis tranchéiert huet, an da kann och d'Gemeng z.B. an den Appell goen, en fonction vun deem wat de Verwaltungsrichter decidéiert. Da si mir an der Situatioun wou mir iech Dokumenter kënnen zur Verfügung stellen, well mir och mussen an de Gemengerot komme fir eng Autorisation de (---). Mee virun deems kënnen mir d'Note de plaidoirie net weiderginn, well mir och op déi Decisioun waarde vum Verwaltungsgeriicht, dat nach net tranchéiert huet. Ech sinn net d'Accord mat der Argumentatioun déi den Här Jadin ginn huet. Mir sinn hei an 2 Cas de figures déi komplett ënnerschiddlech sinn. Mir hu Situatiounen vun enger moyenne Densité, wou e Eefamilljenhaus drop ass, wou een net wëll ofrappen an op där selwechter Parzell 4 Unitéite wëll bauen. Hei si mir an der Situatioun, mir hunn eng Parzelle, déi soll a 4 dividéiert ginn a 4 Unitéiten opgebaut ginn. Dat ass e ganz anere Cas de figure.

Mir kënnen hei net Äppel mat Biere vergläichen. Mir wëssen awer, déi Diskussioun hate mir och schonn am



Aarbechtsgrupp ronderëm de PAG, dass mir am Kader vun der Refonte, do sinn ech souwuel beim Här Jadin, wéi och bei der Madamm Kayser, dass mir wäerten Tronçone vun Stroossen éischter no ënne revidéieren, well mir do eng gewësse Qualitéit wëllen an de Stroossen halen an och eng gewëssen Harmonie an och den Tissu urbain. Dass mir herno vläicht an Diskussiounen komme mat verschiddene Leit, déi et net esou gesinn, dat gehéiert dozou. Wann den éischte Vott gemaach gëtt, gëtt eng Informatiounsversammlung gemaach, d'ailleurs gëtt hei och eng Informatiounsversammlung gemaach, do kennen d'Anrainer den Dossier kucke kommen, do kann de Proprietär och nach den Dossier kucke kommen, do kann hien och seng Remarquë maachen, do musse mir eng Unhéierung maachen an da musse mir nach eemol an de Gemengerot kommen, wa Reklamatiounen kommen.

All déi Prozeduren huelen hei hire Laf, sou wéi et am Aménagement Communal virgesinn ass. Sou dass mir hei eng Situatioun hu vun enger Zone déi mir wëllen ëmklasséieren, wou d'Toile de fond sécherlech e Geriichtsprozess ass. A wa mir dat heite lo emklasséieren, dann hëlt dat dann och säi Laf. Ech hu probéiert, op déi verschidde Froen ze äntweren an ech proposéieren dass mir op de Vott iwwerginn. Ouni iech awer och ze informéieren dass, wa mir hei de Vott maachen, dass normalerweis eng Enquête publique gemaach gëtt, dat setze mir och an Zeitung, den 12. Oktober kënn den Avis an Zeitung, dann huet een en Mount Zäit fir d'Enquête Publique a mir wäerten da Mëttwochs den 23. Oktober um 18:00 Auer déi Informatiounsversammlung maache fir den Public hei am Gemengerot. Dat zu der gängiger Prozedur vun der Modification ponctuelle vun engem PAG. Voilà, da bieden ech zum Vott iwwerzegoen. Här Gangler?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Just eng Fro. Ech hat gemengt déi Fro, déi d'Madame Kayser gestallt huet, wier explizitt beäntwert. Et ass jo esou dass, wa mir de PAG net mat Zäit ofginn, dass mir da keen anere PAP autoriséiert kréien. An hei wier dann eis Iwwerleeung: Kënne mir dann dee selwechte Moment déi Ännerung virhuelen oder wiere mir da juristesches blockéiert? Dat si juristesches Froen déi mir eis stelle wou et keng kloer Äntwert drop gouf.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Also mir si jo hei virum 1. November, an do kann een all Typ vu Modification ponctuelle virhuelen, ob e Geriichtsprozess leeft oder net. Mir hätten och kënnen eng Modification ponctuelle vun engem anere Projet maachen. Déi Fakultéit hu mir als Gemengerot, muss eebe just virum 1. November sinn.

Gutt, da géife mir ofstëmmen, wien ass mat der Modification ponctuelle, sou wéi mir se hei presentéieren, averstanen? Stëmme vun: LSAP, Déi Gréng, CSV, Onofhängege Gemengerotsmember. Wien ass dogéint? Den Här Jadin, Déi Lénk. Dann soen ech iech Merci fir déi heiten Diskussioun a mir gi weider op den nächste Punkt.

6. APPROBATION DES MODIFICATIONS À APPORTER À LA COMPOSITION DE CERTAINES COMMISSIONS COMMUNALES

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Approbatioun vu Modifikatiounen an eise Consultative Gemeengekommissiounen. Dann hu mir hei déi Gréng, déi proposéiere verschidde Changementer: an der Kulturkommissioun gëtt den Här Heinisch ersat vun der Madamm Daniela Oliveira Da Silva. An der Kommissioun Hygiène a Salubrité publique gëtt de Raymond Goergen ersat duerch d'Colette Kuttan an an der Circulatiouns- a Mobilitéitskommissioun ersetzt den Här Micael Da Silva als Expert den Här Alex Lourenço. An dann déi leit déi an de Pool des Remplaçants kommen: Madamm Doris de Paoli, Här Claude Gaasch et Madamm Daniela Oliveira da Silva. Voilà, ass den Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

7. NOMINATION D'UN DEUXIÈME DÉLÉGUÉ AU COMITÉ DU SYNDICAT INTERCOMMUNAL SIDOR

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir op d'Nominatioun vum 2. Deléguierten an de SIDOR. Mir haten deemools an eiser Wäitsicht den Här Jadin proposéiert haten an och gestëmmt hunn. Du war et awer esou dass d'Statutte vum SIDOR net approuvéiert goufen, dofir ass dat net a Kraaft getrueden, do hate mir jo hei am Gemengerot déi nei Statuten, déi si lo approuvéiert an a Kraaft, sou dass mir elo den Här Jadin kënne proposéieren. Mir haten och gefrot, hien huet dankend Merci gesot, an ech géif de Gemengerot bieden, deem hei zouzestëmmen, wat mir deemools festgehalten haten. Ass de Gemengerot averstanen? **Dat ass unanime.**



8. PERSONNEL

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Gutt, da komme mir o de leschte Punkt an der öffentlecher Sitzung, dat ass Personal, an do ginn ech dem Claudia d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Jo, dir kënnt iech erënnen, dass mir de Posten am Gemengerot vum 13. Juli 2018 als A2, dat ass d'Carrière vum Ingenieur technicien kreéiert haten, doropshin hate mir och ausgeschriwwen, do hat awer just ee Kandidat sech gemellt, deen net dem Profil entsprach huet wat mir gesicht hunn. Duerno hu mir decidéiert, dass mir sou breet wéi méiglech ausschreiwen an da kucke wie sech géif mellen a wie géif op de Profil passen. Deen Appel de Candidatures, wéi et och mam Ministère de l'Intérieur ofgeschwat war, ass de 6. Oktober 2018 lancéiert ginn. Doropshin haten 28 Kandidaten a Kandidatinne sech gemellt. Ausser enger Persoun waren all déi aner B1 oder souguer drënner, déi sech gemellt haten. Ausserdeem war just eng Persoun dobäi, déi Erfahrung an dem Domaine vun der Circulatioun hat. Déi Persoun huet du missen den Exame vum Fonctionnaire maachen, deen huet hien och rezent gepackt a fir dass mir där Persoun kënnen eng Nomination provisoire ginn, musse mir fir d'éischt dee Posten, dee mir den 13. Juli 2018 als A2 Ingenieur technicien kreéiert haten, eben ëmänneren an en A1.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia fir déi ganz Erklärungen déi zu dëser Kreatioun féieren. Si Froen dozou? Dat ass net de Fall, da stëmme mir of. Wien ass mat der Kreatioun averstannen? **Dat ass unanime.**

Da soen ech dem Gemengerot Merci. De Punkt 8.2. ass vum Ordre du Jour geholl ginn.

9. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):-
Froen un de Schäfferot si keng do. Da komme mir an den Huis Clos.

SOLIDARITÉ SOLIDARITÉ SOLIDARITÉ



MÄIN DIDDELENG — MENG STAD

AIDEZ-NOUS À
SAUVER VOS
COMMERCES
PRÉFÉRÉS
À DUDELANGE !

En ces temps de crise dus au coronavirus, nous devons tous nous montrer solidaires. Soutenons aussi nos commerces !

Nous sommes Dudelange!

Cette plateforme non-lucrative a été élaborée pour aider les commerces, les restaurants, les cafés, les artisans, les coiffeurs etc. à traverser ces temps difficiles.


Comment les aider ?

En achetant un bon d'achat pour soi, sa famille ou ses amis, et en allant l'échanger quand les temps se seront à nouveau normalisés.

Rendez vous sur maindiddeleng.lu où vous trouverez toutes les informations utiles pour acquérir des bons d'achat.

Nos commerçants de Dudelange comptent sur vous !

<3



Une initiative de : standart

kontext

